

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Gilles Roth, Ministre | Nee, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

2. Changement de composition d'une délégation luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale

Wat d'Zusammensetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, hunn ech folgend Ofännerunge matgedeelt kritt: An der EISC, dat heescht der European Interparliamentary Space Conference, ersetzt den Här Gérard Schockmel d'Madamm Carole Hartmann als effektive Member an d'Madamm Hartmann gëtt Membre suppléant. Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, dat ass net de Fall.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

3. 8343 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Mir fänken d'Sëtzung vun de Mëtte mam Projet de loi 8343 iwwert d'Upassung vum Steuerbarème u véier Indextranchen un. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 15 Minutten, d'CSV 31, d'DP 24, d'LSAP 21, d'ADR 15, déi gréng 10, d'Piraten 10, déi Lénk 10 an d'Regierung 15 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Aehm, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Aehm. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Aehm (CSV), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet, iwwert dee mir elo ofstëmme wäerten, beinhalt zwee wichteg Punkten. Den éischte Punkt ass d'Adaptatioun un d'Präisdeierecht vun de Coefficients de réévaluation vum Prix d'acquisition oder vum Prix de revient vun den Immobilien, esou wéi se am Artikel 102 Alinea 6 vum Steiergesetz virgesinn ass. Dës Adaptatioun gëtt all zwee Joer gemaaht.

Dësen éischte Punkt stoung ursprünklech am Gesetzesprojet iwwert d'Douzièmes provisoires, mee gouf op Urode vum Staatsrot aus deem Text erausgeholl an an dësen Text integréiert.

Den zweete Punkt aus dem Projet de loi vun haut de Mëtteg, an dat ass de weesentleche Punkt vun dësem Gesetzesprojet, gesäit d'Adaptatioun vum Steuerbarème vun de Privatpersounen ëm véier Indextranchë vir, an dat ab dem 1. Januar 2024.

D'Kafkraaft vun de Stéit stäerken ass eng vun de Prioritéite vun der neier Regierung. Duerfir huet si an hirem Koalitionsofkommes festgehalten, op den

1. Januar 2024 d'Steiertabell vun de Privatpersounen ëm véier Indextranchen unzepassen.

Dozou ass awer ze soen, dass d'Gesetz vum 5. Juli 2023, dat d'Steiergesetz vum Dezember 1967 ofännert, schonn eng Adaptatioun vum Barème ëm 2,5 Indextranchë virgesinn huet. Mat dësem Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmme, kommen also nach eng Kéier 1,5 Indextranchë bäi. Esou ginn d'Limite vun den eenzelen Tranchen aus der Steiertabell jeeweils ëm ronn 10,38 % ugepasst par rapport zu 2017.

Bis elo huet e Steierzueler an der Steierklass 1 ab engem Joresakomes vum 11.265 Euro ugefaangen, Steieren ze bezuelen. Ab dem 1. Januar 2024 ginn eréischt ab engem Joresakomes vum 12.438 Euro Steiere bezuelt. D'Steierfräit Joresakomes geet also ëm ronn 1.200 Euro pro Joer erop.

D'Upassung vun der Steiertabell kënnt alle Steierzueler zegutt. Deemetspriedend gräift och de Spëtzesteiersaz méi spéit. Goufe bis elo 42 % Steieren ab 200.004 Euro an der Steierklass 1 bezuelt, esou fänkt elo de Spëtzesteiersaz eréischt ab 220.788 Euro un ze gräifen.

Mir hunn an der zoustänneger Chamberkommissioun och verschidde Rechebeispiller virgestallt kritt. Ech huele just eent, ech mengen, déi aner kënnt der noliesen. Ech huelen d'Famill mat zwee Kanner, déi e järelecht Bruttoakomes vu 75.000 Euro huet. Dës Famill bezitt aktuell 5.252 Euro Steieren. Ab dem 1. Januar 2024 bezitt dës Famill just nach 4.468 Euro u Steieren. Dat si 784 Euro manner.

Fir komplett ze sinn, muss awer heizou gesot ginn, dass am Gesetz vum 5. Juli 2023 e Crédit d'impôt conjoncture fir d'Joer 2023 agefouert gouf. D'Zil vun dësem Crédit d'impôt conjoncture ass, fir de Steierzueler direkt an de Genoss vun der Adaptatioun vum Steuerbarème un zwou Indextranchë kommen ze loossen. An dësem Gesetz ass virgesinn, dass Enn vun dësem Joer dëse Crédit d'impôt conjoncture ausleeft. Aus dësem Grond huet dës Famill aus dem zitierete Beispill ab dem 1. Januar 2024 net déi theoreetesche 784 Euro, mee 250 Euro weider.

De Minister huet eis awer och matgedeelt, dass am Kader vun der Ausaarbechtung vun dësem Gesetzesprojet festgestallt gouf, dass verschidde Steierzueler duerch d'Ewechfale vum Crédit d'impôt conjoncture bei der Adaptatioun vun der Steiertabell un d'Inflatioun e gewëssene Manque à gagner hunn. De Finanzminister huet eis zougesécher, dass géif dru geschafft ginn, fir e Genre „Crédit d'impôt barème“ fir dës Steierzueler ze schafen. Laut provisoiresche Rechnunge léich de Käschtepunkt vun dëser Mesür tëschent 3,5 a 5 Milliounen Euro.

De Käschtepunkt vun deem Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmme, gëtt op 480 Milliounen Euro geschat. Dat sinn also 180 Milliounen méi wéi déi, déi schonn am Gesetz vum 5. Juli 2023 virgesi sinn.

Fir komplett ze sinn, wéilt ech awer och drop hiweisen, dass d'LSAP an der zoustänneger Chamberkommissioun en Amendement deposéiert huet, dee virgesäit, dass d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun soll duerch en Eropsetze vum Crédit d'impôt salariés, pensionnés an indépendants ersat ginn. D'LSAP wëll awer um Gesetz vum 5. Juli 2023 festhalen, dat d'Berengung vun der Steiertabell ëm 2,5 Indextranchen ab dem 1. Januar 2024 virgesäit. Dësen Amendement gouf an der Finanzkommissioun ofgewisen, well e contraire zum Koalitionsofkommes vun der aktueller Regierung ass.

Här President, de Staatsrot huet keng Awänn zu dësem Gesetzesprojet gemaaht.

D'Chambre des Salariés begréisst dës Adaptatioun vum Steuerbarème un d'Inflatioun. Si rechent aus, dass dës Mesür haaptsächlech de kleng Revenuen entgéintkënn, mee an hiren Ae geet et net duer, ënner anerem och well zënter der Steuerreform vun 2017 am Ganzen aacht Indextranchen erfoll sinn. Duerfir freet si, fir de Steuerbarème reegelméisseg un d'Inflatioun unzepassen.

Des Weidere weist d'Chambre des Salariés op e Problem um Niveau vun de Crédits d'impôt hin. Wann nämlech de Seuil, bis deen eng Persoun kann e Crédit d'impôt kréien, net reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst gëtt, da geet d'Zuel vun de Leit, déi an de Genoss vun engem Crédit d'impôt kommen, duerch d'Inflatioun erof. Wann op der anerer Säit de Seuil, bis deen een e Crédit d'impôt kritt, ugepasst gëtt, mee de Betrag vum Crédit d'impôt gëtt net ugepasst, da geet de reelle Wäert vum Crédit d'impôt erof. Laut der Chambre des Salariés hunn duerch dës Phänomene ronn 10 % vun de Salariéë keen Urecht méi op de Crédit d'impôt salarial. Fir d'Chambre des Salariés mussen also souwuel de Betrag vum Crédit d'impôt wéi och de Seuil, bis wéini eng Persoun eligibel ass, reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst ginn.

D'Chambre des Métiers huet keng Observatiounen zum Gesetzesprojet a geet dervunner aus, dass duerch dës Gesetzesprojet de Leit hir Kafkraaft gestärkt gëtt an dass d'Betriber dat positiv ze spiere kréien.

Fir all weider Detailer zu dësem Gesetzesprojet verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an all aner Dokumenter, déi virleien. Ofschléissend soen ech alle Bedeelegte Merci.

Voilà, Här President, domadder wier ech fäerdeg mat mengem Rapport an ech géif Iech vläicht bieden, meng Auer erëm op Null ze stellen.

M. Claude Wiseler, Président | Ech kann dat elo net selwer hei maachen, mee ech ginn dervunner aus, datt d'Regie Iech héieren huet.

Mme Diane Aehm (CSV), rapportrice | Voilà, merci, et ass geschitt. Voilà, an ech géif dann elo weiderfueren als mandatéierte Spriecher vun der CSV.

Discussion générale

Här President, versprach ass versprach. Mat dësem Gesetzesprojet léist d'CSV eent vun hire Walversprieden an. An dëst geschitt elo schonns, nodeems déi nei CSV/DP-Regierung nëmme knapp ee Mount am Amt ass! All Steierzueler gëtt ab Januar 2024 entlaascht an huet dann um Enn vum Mount méi Netto vum Brutto. An den Ae vun der CSV a vun der jëtzege Regierung ass et wichteg, d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken, well dëst kënnt eiser Wirtschaft zegutt. Dës Gesetzesprojet ass e wichtegen éischte Schratt an d'Richtung, fir de Leit weider Steiererleichterungen zeguttkommen ze loossen.

Am Koalitionsaccord ass virgesinn, dass och déi aner véier Indextranchen, déi zënter 2017 erfoll sinn, am Steuerbarème neutraliséiert ginn, wann d'Staatsfinanzen et zouloossen. D'Zil ass, fir am Joer 2026 e Projet virzeleeë mat enger eenzeger Steierklass fir all Steierzueler.

Här President, wéi scho gesot, d'Leit brauche Kafkraaft. Duerch d'Netupasse vun der Steiertabell un aacht Indextranchen zënter 2017 hunn d'Leit vill Steiere weider bezuelt. Vun der Steierverwaltung gëtt dës Betrag u Meereinnahme vum Staat op ronn 1,8 Milliarde geschat. Dozou muss awer gesot ginn, dass duerch de Crédit d'impôt conjoncture – 260 Milliounen –, de Crédit d'impôt énergie – 500 Milliounen – an duerch d'Eropsetzung vum Crédit d'impôt salariés, pensionnés an indépendants – 110 Milliounen – dës Meereinnahme vum Staat erofgedréckt ginn op ongeféier eng Milliard

Euro. Et kann een och soen, dass d'Leit eng Milliard Euro manner Kafkraaft zur Verfügung haten.

Et ass mir awer och wichteg ze soen, dass duerch déi aacht Indextranchen, déi zënter 2017 erfall sinn, dem Staat seng Ausgaben och eropgaange sinn.

Mat deem Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, ginn d'Steierzueler also ëm 480 Milliounen Euro entlaascht. Dat sinn 180 Milliounen méi wéi déi 300 Milliounen, déi schonn am Gesetz vum 5. Juli 2023 virgesi waren.

Komme mir dann zum Amendement, dee vun der LSAP d'lescht Woch an der Chamberkommissioun proposéiert gouf. Amplaz d'Leit weider steierlech ze entlaaschten, wëll d'LSAP just un der Inflationssberengung vun 2,5 Indextranché vun der Steiertabell festhalen, esou wéi se am Gesetz vum 5. Juli 2023 virgesinn ass. Si wëllen déi 1,5 supplementär Tranchen aus deem Gesetzesprojet net matdroen. Hir Propos ass, fir de Crédit d'impôt salariés, pensionnés an indépendants eropzesetze vun 300 op 725 respektiv vu 600 op 1.025 Euro.

D'Steierverwaltung huet ausgerechent, dass dës Propos vun der LSAP géif d'Recettë vum Staat ëm 230 bis 240 Milliounen Euro no ënnen drécken – pro Joer! Dat wier dättelech méi wéi den aktuelle Gesetzesprojet mat 180 Milliounen Euro. Ech si gespaant op de mandatéierten LSAP-Sprieche, well ech wéisst gären, wou si déi zousätzlech Milliounen hierhuelen, déi hir Propos weider kascht.

(Interruption)

En plus stelle mir fest, dass d'Propos vun der LSAP just en Deel vun de Leit entlaascht. Déi Leit, déi e méi héicht Joresakkomes hu wéi 80.000 Euro, kréiche bei de Sozialisten also näischt bäi. Mee och dës Leit brauche Kafkraaft.

M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!

(Interruption)

Mme Diane Aehm (CSV) | Mat der LSAP hirer Propos bleift déi breet Mëttschicht außen vor. Si musse weiderhi kucken, an dësen Zäiten iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech soen dobäi just dat Stéchnuert Logement. An ech mengen, domadder ass alles gesot. Am Kloertext kascht d'LSAP-Propos vill méi deier an et gëtt net jiddereen entlaascht, mol net déi breet Mëttschicht.

Als CSV kënnen mir net domadder averstane sinn an hunn dowéinst dës Proposen ofgeleent. En plus ass dës Propos net am Aklang mam Koalitionsaccord vun der CSV/DP-Regierung.

Här President, méi Netto vum Brutto, manner Steiere fir jiddereen, steierlech Entlaaschtung fir d'Leit, ech hunn et ugangs gesot: Dat war eent vun den zentrale Walversprieche vun der CSV. D'Regierung huet alle Kriticken zum Trotz hiert Wuert gehalen. Ab dem 1. Januar 2024 hunn all d'Leit méi an der Täsche.

Dofir ginn ech den Accord vun der CSV zum Gesetzesprojet iwwert d'Upassung vun der Steiertabell u véier Indextranchen a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Mamm Aehm villmools Merci an hirer éischter Qualitéit als Rapportrice fir hire schrëftlechen an hire mündleche Rapport. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Patrick Goldschmidt. Här Goldschmidt, Dir hutt d'Wuert.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den internationale Kontext, multipel Krisen, d'Inflation, méi héich Zënse, fir d'Inflation an de Grëff ze kréien, hu mat sech

bruecht, dass d'Kafkraaft vun de Bierger massiv negativ impaktéiert gouf. Dëst mécht et a mengen Aen onëmänglech, datt mir all déi virgesinnen Adaptatiounen vun deem Projet de loi ënnerstëtzen.

Dowéinst wëll ech och direkt iwwergoen zu de Moosnamen, déi d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei matdréit, fir d'Kafkraaft vun de Leit substanzuell ze stäerken.

Jo, d'Kafkraaft vun de Leit ass eng vun de Prioritéiten och vun der Demokratescher Partei. An de leschte Joren huet d'Demokratesch Partei derfir gesuergt, dass konkret Mesure geholl goufen, fir d'Leit ze entlaaschten. An och dës Gesetzesprojet steet ganz am Zeeche vun den Tripartitt-Negotiationen, déi d'DP mat verhandelt an ënnerstëtzt huet.

Haut steet d'Upassung vum Barème ëm véier Indextranchen zum Vott. Dat ass en Equilibre tëscht der Prioritéit, d'Leit ze entlaaschten, op der enger Säit, awer op der anerer Säit och den Auswirkungen op d'Staatsfinanzen. Mëttelfristeg wäert de Steuerbarème integral un d'Inflation, wéi scho vu menger Virriednerin gesot ginn ass, ugepasst ginn.

Och wann et ëm e Projet zu der Akommessteuer fir Privatpersounen geet, wëll ech ervirhiewen, dass mir mat dëser Approche och der Ekonomik insgesamt erëm neie Schwong ginn, dëst net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee och an der Groussregioun. Dës Steuerentlaaschtung kënnt och de Betriber zegutt, well d'Demande gestärkt gëtt, spréich, d'Leit wäerten erëm méi akafen.

Dofir begréisst d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei de Gesetzesprojet, fir de Steuerbarème ëm véier Indextranchen op den 1. Januar unzepassen.

Dat heescht, d'Steiertabell gëtt ëm 10,38 % no ënnen ugepasst. 10,38, fir déi, déi sech froen, wéi mer dorop kommen, mee dat ass 1,025 héich 4 oder 4-mol 1,025 an dann ëmmer matenee multipléiert, da kommt Der op dee Prozentsatz. An dëst ass nëmmen d'Hallschent vun deem, wat mer misste säit 2017 adaptéieren.

Jo, de Lëtzebuurger Modell beinhalt eeben eng automatesch Indexatioun vun de Salären, an dozou steet och d'Demokratesch Partei. Dëst bedeit op der enger Säit, datt d'Geld, den Euro, manner wäert gëtt, awer och dass d'Leit duerch déi Augmentatioun vun hirem Akomes, déi se kréien, och méi Steiere musse bezuelen. Dëst nenne mer déi kal Progressioun an dëst gëllt et, eeben an deem Gesetzesprojet ze adaptéieren an ze kompenséieren.

Fir kloer ze sinn a fir dass mer all hei vun dem selwechte schwätzen: Dës Adaptatioun vum Steuerbarème betrëfft d'Steieren oder d'Steierzueler, also d'Leit, déi haut Steiere bezuelen. Et gëtt awer och vill Leit, déi net vill verdéngen an net vun dëser Adaptatioun wäerte profitéieren. Dofir sinn an de leschte Joren eng Partie Steierkreditter agefouert ginn, sougenannt negativ Steieren, op déi ech spéider eng Kéier kuerz zrëckkommen.

Soulaang déi grouss ugekënnegt Steuerreform net do ass, ass et onëmänglech, fir d'Steiertabell un d'Inflation unzepassen, an dëst huet déi aktuell Majoritéit och wëlle, elo an engem éischte Schratt eeben, wéi gesot, mat der Hallschent vun der Upassung.

Ech géif och gären der Kritik virgräifen, et géif een net wäit genuch goen oder bei den aneren ze wäit, well déi viregt Regierung hat jo 2,5 Tranché mat de Sozialpartner decidéiert. Wéi Der all matkritt hutt – an et ass schonn de Mëtte gesot ginn –, sinn an de leschte Joren eng Partie Steierkreditter agefouert ginn, ob dat elo de Crédit d'impôt salariés ass, ob dat de Crédit d'impôt salaire social minimum ass, ob dat de Crédit d'impôt CO₂ ass, ob dat de Crédit d'impôt énergie ass oder elo de Crédit d'impôt conjuncture. Jo, all déi Steierkreditter,

déi, mengen ech, och schonn déi eng oder aner Kéier vum Staatsrot a Fro gestallt gi sinn.

Ech kommen awer elo op zwee Steierkreditter zrëck. Dat eent ass de Crédit d'impôt énergie, dee vun Abrëll 2022 bis Mäerz 2023 agefouert ginn ass an deen haaptsächlech deene schwache Revenuen zegutt-komm ass, wou d'Leit maximal 84 Euro de Mount kritt hunn. An dëst war, fir eng Indextranche ëm ee Joer ze verréckelen, mee awer och virun allem, wéi gesot, fir déi kleng Revenuen direkt mat enger negativer Steuer ze entlaaschten. Am Juli 2023, nodeems dass dann dräi Méint d'Leit déi 84 Euro manner haten, ass réckwierkend op den 1. Januar de Crédit d'impôt conjuncture agefouert ginn, maximal 54,25 Euro, Maximum awer op den héije Salären, dësen, fir zwou Indextranchen ze kompenséieren. Dës Kreditt leeft, wéi och scho vu menger Virriednerin gesot ginn ass, den 31. Dezember 2023 aus. Dat heescht zwee Kreditter, déi a sech dëst Joer oder Enn dëst Joer zumindest net méi do sinn an an deem Sënn net kompenséiert gi sinn.

Dir verstitt elo hoffentlech, wou ech wëll erauskomme: Falls mer d'Steiertabell nëmmen um 2,5 Indextranché géifen upassen, da géifen d'Leit dobaussen am Januar maximum d'Kompensatioun vun enger hallwer Indextranche spieren.

Dofir huet dës Majoritéit, vu déi schwierereg ekonomesch Zäite fir all d'Stéit – oder vill Stéit zumindest –, decidéiert, véier Indextranchen an der Steiertabell unzepassen. An de Finanzministère huet och ugekënnegt, d'nächst Joer en neie Steierkredit auszuschaffen, fir och deene Schwächsten hire Kafkraaftverloscht ze kompenséieren. Dofir ass dat heiten de richteg Wee.

D'DP ass mat enger Haaptambitioun an dës Chamberwale gaangen: d'Leit steierlech ze entlaaschten, fir hir Kafkraaft ze stäerken. An dës Visioun gëtt duerch dës Gesetzesprojet Realitéit. Ech ginn domadder schlussendlech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si weiderhin an enger ugespaanter wirtschaftlecher Lag, wéi de Statec eis dat a senger leschter Note de conjuncture dës Mount gesot huet. D'Inflation geet zwar erof ënnert dem Effet vun der restriktiver Geldpolitik vun der Europäescher Zentralbank – d'nächst Joer ginn 2,6 % virausgesot –, mee d'Ekonomie dréit méi lues, wat jo natierlech och gewollt ass, wann een esou eng Geldpolitik mécht, fir alles e bëssen erfroezueren. An och d'nächst Joer wäerte mer net vill Wuesstem hunn. Mir sinn also weiderhin an enger schwierereger wirtschaftlecher Lag.

An deem Kontext huet d'Regierung annoncéiert, dass se wëll d'Kafkraaft stäerken. An d'Regierung ass also hei, wéi déi viregt Regierung och, beméit, de Leit méi Kafkraaft ze ginn, wat – dat wëll ech och direkt soen – mir als LSAP begrëissen.

Et ass awer u sech kee ganz neie Moment par rapport zu där Politik, déi vun der viregter Regierung gemaach gouf, well och déi huet schonn eng ganz Rei Mesure geholl, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken. An ech wëll just pour rappel nach eng Kéier soen, dass mer zum Beispill de 25. Abrëll dëst Joer e Gesetz gestëmmt hunn hei an der Chamber, dat de bëllegen Akt ëm 10.000 Euro gehéicht huet, an zwar eestëmmege.

E weideren Deel vun den Tripartitt-Mesuren zur Stäerking vun der Kafkraaft ass den 29. Juni ugehall ginn,

och hei eestëmmeg: eng direkt Adaptatioun vum Steuerbarème ëm zwou Indextranchen iwwert de Wee vum Konjunktursteierkredit, deen de Patrick Goldschmidt elo nach eng Kéier rappelléiert huet; d'Adaptatioun vum Barème ëm 2,5 Indextranchë vum nächstem Joer un; den neien, eegestännegen CO₂-Steierkredit an Héicht vu bis zu 144 Euro och vum nächste Joer un an dann och nach weider iwwer e Règlement grand-ducal d'Erhéijung ëm 50 % vum Plaffong vun den ofsetzbaren Zënse op engem Immobilienprêt.

Mir hunn also net ganz op dës nei Regierung gewaart, fir d'Kafkraaft ze stäerken, dat ass och schonn an der leschter Regierung geschitt. Mir wëssen, dass d'Leit weiderhi konfrontéiert si mat héijen Zënse, mat Deierecht op enger ganzer Rei Produits de base, déi se brauchen an hirem Wuerekuerf all Dag, an dass mer eis dowéinst eens sinn, dass mer d'Kafkraaft musse stäerken.

Déi grouss Fro allerdéngs ass déi, ob een dat, virun allem wann een eng méi kleng budgetär Marge huet an dësen Zäiten, soll bei alle Revenue maachen, bei all Niveau de revenu quer duerch d'Bänk, also och bei deene Leit, déi ganz vill verdéngen. Dat ass eng Diskussioun, déi mer iwwert déi lescht zwéi Joer des Éfteren haten an Tripartitten a wou mer oft fonnt hunn, och an der vieregter Regierung, dass et sënnavoll wier, iwwer Steierkreditter gezéilt a sozial differenzéiert anzegräifen, haaptsächlech bei deene Revenuesklassen, bei deene Quintillen, wou de Schong am meeschte gedréckt huet.

An hei ginn dann och eis Meenung an déi vun der Regierung bei dësem Gesetzesprojet dach relativ wäit ausenaner. Et ass nämlech kloer, dass net jiddwereen d'selwecht leit ënnert der Deierecht an deene méi héijen Zënse. Natierlech leiden déi kleng an déi mëttel Revenue vill méi drënner wéi déi mat enger décker Pai.

Wann een elo higeet an de Barème nach eng Kéier ëm 1,5 Indextranchë berengegt, da kritt jiddwereen, en appearance nëmmen, eng „Tournée générale“, wéi de Marc Baum dat d'lescht Kéier genannt huet a senger Ried. Mee awer nëmmen op éischt Siicht, well a Realitéit kënn deejeinege vill besser dobäi ewech, dee vill huet, wéi deen, dee wéineg huet, bei där Tournée générale. Et kann een allerdéngs ... Dat kann een iwwregens och gutt mat Botter illustréieren, dat kënn op de selwechte Rasonement eraus.

Eise Wee ass hei ganz kloer en aneren, Här President. De Premier huet a senger Regierungserklärung gesot, seng Regierung wier net de Vertrieeder vun enger Grupp, mee vum Intérêt général. Abee, bei dësem éischte Steierprojet vun der Regierung schwätzen déi plakeg Zuelen eng aner Sprooch: E Jonggesell mat engem Bruttoakkommes vun 150.000 Euro kritt 662 Euro Steiererlicherung, ee mat engem Bruttoakkommes vu 37.000 Euro huet just 189 Euro méi an der Täscht iwwert dës Steierreform. Also deen, dee ronn véiermol sou vill huet, kritt nach eng Kéier dräi an en halleft Mol sou vill Steiererlicherungen derbäi. Dat ass net eis Iddi vu Steiergerechtegkeet.

Déi dote Politik passt allerdéngs och e bësse bei de Verglach, deen Dir, Här Finanzminister, beméit, wann Der vun de Bierger/inne schwätzt als „Aktionäre“ vun dësem Land. Här Finanzminister, fir eis ass d'Lëtzebuerger Land keng Aktiengesellschaft. An nee, an eisen Ae soll och deen, dee méi Steiere bezuele kann, dofir net besser behandelt gi bei enger Steierreform.

Ech hunn et gesot, eise Wee ass hei ganz kloer en aneren. De Barème ass natierlech eng Méiglechkeet, fir Steiererlicherungen ze maachen. En ondifférenzéierten, wéi ech dat elo just gewisen hunn, deen

deenen, déi méi verdéngen, vill verdéngen, disproportionéiert méi zeguttkënn wéi deenen, déi kleng voire mëttel Paien hunn. Dofir huet eis Léisung am Fong dee wichtegste Avantage, dass d'Suen an eisen Ae besser verdeelt ginn. De Steierkredit ass e wäertvollt Instrument, och haaptsächlech well ee ka selektiv bei deene Leit d'Steierlaascht erofsetzen, wou den zousätzleche Spurt am meeschte gebraucht gëtt.

De Steierkredit, dat sinn, vereinfacht gesot, Sue cash an d'Täsch op der Paitut um Enn vum Mount, déi d'Steierlaascht direkt erofsetzen. Zanter 2017 ass de Steierkredit sozial gestaffelt. Wie manner verdéngt, kritt méi Entlaaschtung, bis zu engem Bruttoakkommes vun 80.000 Euro, wou dann de Steierkredit ausleef. De Steierkredit huet och praktesch Virdeeler: E bedeit par rapport zu anere Steiermesuren administrativ och manner Opwand fir d'Steierverwaltung.

Mir ginn och mat deem Amendement, dee mer proposéiert hunn, op eng Suggestioun vum Direkter vun der Salaratskummer an, deen nach eng Kéier en Appell gemaach hat un d'Politik, fir de Steierkredit ze revaloriséieren. Méi wéi zwéi Drëttel vun de Salaréien heizuland profitéieren vum Steierkredit. Mat de successiven Indextranchen allerdéngs hu se awer schrittweis ëmmer manner dovunner kritt.

Här President, eng aner Deklaratioun, déi d'Regierung gemaach huet, dat war, dass se gären hätt, dass de Gruef tëscht Aarm a Räich sollt manner grouss ginn. Eis Ambitioun geet an déi selwecht Richtung. Mir wëllen och, dass dee Gruef net nëmme manner grouss gëtt, mee virun allem dass d'Schéier tëscht Aarm a Räich och erëm méi kleng gëtt, méi zesummekënn. An aus deem Grond hu mer scho bei där Steierdebat, déi d'lescht Joer am Summer hei stattfont huet, an och an eise Walprogramm u sech d'Propositoun gemaach, dass mer eng ambitiéis Steierreform brauchen, bei där de Mindestloun steierfräi gemaach gëtt, wou d'Progressioun ënnen am Barème méi lues eropgeet an och en contrepartie zwou zousätzlech Tranchen uewe solle bäigesat ginn, fir dat Ganz geéigenzefinanzéieren.

Ech géif gär soen an dësem Kontext, dass mer gespaant sinn op Är Proposen, déi jo bis 2026 solle kommen, wou Der wëllt eng Individualiséierung vun eise Steiersystem maache mat enger eenzeger Steierklass. Ech wëll Iech och soen, dass mer prett sinn, bei där Diskussioun matzemaachen, dass mer do wëlle konstruktiv matschaffen, well ech mengen, et ass evident, wann een eng Steierreform mécht, ass dat net nëmmen eng Steierreform, mee dat ass och eng Gesellschaftsreform, wou jiddwereen, mengen ech, dru gewënnt, wann een do e breede politesche Konsens huet.

Här President, e weidere Kritikpunkt an eisen Ae bei dësem Projet de loi an och an deem ugekënnegte Plang, fir aacht Tranchë ganz am Barème ze adaptéieren, dat ass effektiv, dass dat heiten all Joer e strukturelle Käschtepunkt wäert gi vun enger Milliard Euro, just fir eng Inflatiounsberengung, wou dann nach keng Spuer vun iergendenger politescher Visioun ass a wou och virun allem an eisen Aen an dës schwieregen Zäite wéineg Spurt wäert bleiwe fir all déi Saachen, déi musse gemaach ginn hei am Land, all déi vill Investitiounen, déi op eis duerkommen, sief et Infrastruktur, sief et Logement, sief et an der Defense, Kooperatioun – ass d'APD um selwechten Niveau? –, mir mussen an eis Economie investéieren. Bref, mir hunn x Beräicher, wou mer riseg Besoine wäerten hunn a wou mer net kënnen stoe bleiwen. A mir hunn hei e bëssen d'Gefill, dass d'Regierung sech mat dëser, dach, jo, automatescher Upassung un den Index déi Marge de manoeuvre a ganz schwieregen Zäiten hält. An dat fanne mer net gutt.

Mir gesinn och net wierklech déi Géigefinanzéierung duerch d'Croissance. Mir wëssen, dass dat de Credo ass vun dëser Regierung, dass u sech duerch déi Steiererlicherungen, duerch déi aner Mesuren, déi geholl ginn, zum Beispill am Beräich vum Logement, d'Croissance géif ugekuert ginn an dass déi Croissance och erëm géif integral dann an d'Economie zrëckfléissen. Mir hunn Iech schonn e puermol international Experten, och international Organisatiounen zitéiert, déi dat invalidéieren, haaptsächlech an enger klenger Economie, déi immens op ass a wou ganz vill vun eise Wuesstem an d'Ausland geet, well mer och natierlech sou vill hei importéieren, a wou just e klengen Deel finalement hei am Land bleift. An och do, mengen ech, ass eis Propos an eisen Ae méi pertinent, well et ass och erweisen – och dat soen eng ganz Rei vun internationalen Organisatiounen –, dass méi Suen an de Circuit zrëckkommen, wann d'Entlaaschtung effektiv ënnen ukënn. An an eisen Aen ass eis Propos eng, wou d'Suen effektiv do ukommen, wou se gebraucht ginn, a wou dann och géif méi zrëck an eis Economie fléissen.

Här President, mir stinn als LSAP fir e gesonden Equilibre vu Mesuren, déi e Ganzt erginn. Mir stinn zu där Adaptatioun ëm 2,5 Indextranchen aus dem Tripartitt-Accord, deem, wat mer natierlech matgedroen hunn, och zu den anere Steiermesuren vun der vieregter Regierung, notament am Beräich vum Logement, der zousätzlecher Ëmverdeelung, déi mer proposéieren duerch eng Revalorisatioun vum Steierkredit ëm bis zu 425 Euro a wou eng Persoun mat engem qualifizéierte Mindestloun bei eiser Propos 236 Euro méi géif erauskréie wéi mat der Adaptatioun ëm annerhalfe Indextranchë vun der Regierung.

An, Här President, ech ginn Iech hei och elo nach eng Kéier deen Amendement eran, dee mer an der Kommissioun proposéiert hunn. Deen Amendement ass am Fong ëmgeännert, fir déi effektiv 50 Milliounen Surcoût erauszehuelen, well dat war effektiv e Feeler, well mer ausgaange si vun där Base ouni deen CO₂-Steierkredit. Mir hunn deen elo erausgeholl an domat ass am Fong eisen Amendement an eis Propos, fir iwwert de Steierkredit ze fueren, wat den Déchet fiscal ugeet, wat de Coût ugeet, dee selwechte wéi dee vun Ärer Propos, fir déi zousätzlech annerhalfe Tranchen iwwert de Barème ze huelen. Här President, ech ginn Iech dann heimadder den Amendement.

Amendement 1

L'article 2 est remplacé par la disposition suivante :

« Art. 2. La loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu est modifiée comme suit :

À l'article 152ter, paragraphe 2, 1^{er} alinéa, premier tiret, le montant de « 300 » est remplacé par celui de « 725 », le montant de « 600 », figurant au second et au troisième tiret, est remplacé à chaque fois par celui de « 1.025 » et le coefficient de « 0,015 » au troisième tiret est remplacé par celui de « 0,025625 ».

À l'article 154quater, paragraphe 2, 1^{er} alinéa, premier tiret, le montant de « 300 » est remplacé par celui de « 725 », le montant de « 600 », figurant au second et au troisième tiret, est remplacé à chaque fois par celui de « 1.025 » et le coefficient de « 0,015 » au troisième tiret est remplacé par celui de « 0,025625 ».

À l'article 154quinquies, paragraphe 2, 1^{er} alinéa, le montant de « 300 » est remplacé par celui de « 725 », le montant de « 600 », figurant au troisième et au quatrième tiret, est remplacé à chaque fois par celui de « 1.025 » et le coefficient de « 0,015 » au quatrième tiret est remplacé par celui de « 0,025625 ».

Commentaire de l'amendement de l'article 2

L'amendement de l'article 2 a pour objet de recourir à une revalorisation du crédit d'impôt pour indépendants, du

crédit d'impôt pour salariés ainsi que du crédit d'impôt pour pensionnés d'un montant maximal de 425 euros à partir de l'année d'imposition 2024. Une telle revalorisation permet d'augmenter le pouvoir d'achat des ménages de manière plus ciblée qu'une adaptation supplémentaire du barème d'imposition de l'impôt sur le revenu à hauteur de 1,5 tranches indiciaires. L'accord entre le Gouvernement, l'Union des Entreprises Luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB, CGFP et OGBL à l'issue de la réunion du Comité de coordination tripartite du 3 mars 2023, prévoit déjà une adaptation du barème à hauteur de 2,5 tranches indiciaires. Cette adaptation du barème d'imposition a été consacrée par la loi du 5 juillet 2023 portant modification 1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 2^o de la loi modifiée du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers. Les auteurs de l'amendement sous rubrique tiennent à confirmer leur adhésion à l'adaptation de 2,5 tranches indiciaires prévue par cette loi. Par rapport aux montants du CII, CIS et CIP, il convient d'appliquer le principe lex posteriori derogat lex priori. La baisse des montants du CII, CIS et CIP, prévue par ladite loi du 5 juillet 2023, est donc implicitement abrogée.

(s.) Franz Fayot, Taina Bofferding, Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel.

Amendement 2

L'article 3 est supprimé.

Commentaire de l'amendement de l'article 3

L'adaptation supplémentaire du tarif de l'impôt ayant été remplacée par une revalorisation du CII, du CIS et du CIP, il convient de supprimer la modification de l'article 120bis L.I.R. étant donné que la modification s'avère superflue.

(s.) Franz Fayot, Taina Bofferding, Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Här President, ofschléissend géif ech gären nach eng Kéier soen, dass mer der Meenung sinn, dass mat der Regierung hirer zousätzlecher Adaptation déi 180 Milliounen net do ukommen, wou se wierklech gebraucht ginn, fir aldeegleche Ausgaben ze decken. Mir sinn och der Meenung, dass d'Schéier tëscht Aarm a Räich weider wäert auserneegoen an d'Ongläichheeten an eisem Land wäerten zouhuelen, mat alle Problemer, déi dëst fir eise sozialen Zusemmenhalt bedeit. Drëtzens si mer och der Meenung, dass d'Regierung hei den einfachste Wee hält an et u sech bei der Gestaltung vum Barème, mat all sengen Ongerechtegkeeten, beim Ale bleift. D'Chancen, fir hei och e bësse méi Steiergerechtegkeet materanzebréngen, si verpasst ginn.

Aus dese Grënn wäert d'LSAP desen Text net matstëmmen. Mir sinn awer och net der Meenung, dass mer elo hei blann wëlle géint den Text stëmmen. Mir hunn och, mengen ech, eng konstruktiv Propos gemaach fir en Amendement, fir en anere Wee, a mir hoffen, dass den Zoustëmmung fënnt, mee mir wäerten eis bei deemem Projet de loi enthalen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Dammen, léif Hären, léif Kollegen, d'Steiertabell soll also elo endlech ugepasst ginn un den Index, méi genee u véier Indextranchen, un déi se ni ugepasst ginn ass. Am Ganzen ass d'Steiertabell net un acht Indextranchen ugepasst ginn. Acht Indextranchen, dat ass de Verloscht, deen de Steierzueler ze bekloen huet, well d'Regierungsparteie sech geweigert hunn,

eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation ze ënnerhuelen, soudass d'Kafkraaft, also dat, wat d'Leit an der Täsch hunn, bei all Indextranche zrëckgaangen ass. Et ass eigentlech näischt anescht wéi eng verstoppte Steiererhéijung. Oder wéi de Mann am Bistro géif soen: „Si hunn eis beklaut!“

Et handelt sech also hei net ëm e Kaddo, dee mir als Chamber de Leit maachen, mee mir ginn hinnen dat, wat hinnen eigentlech zousteet. An dat ass och néideg. Dat mierkt een dorunner, dass vill Leit an enger schlechter finanzieller Situatioun sinn, Leit an d'Aarmut rutschen, Leit um Enn vum Mount d'Enner net méi beieneekréien. Dat ass nämlech de Fall hei am Land ëmmer méi – Lëtzebuerg 2023.

Dofir ass net nëmmen déi verstoppte Steiererhéijung hei verantwortlech – mee awer och! Ech erënnere drun, dass dës Regierung als quasi éischte Projet eng Steiererhéijung virgeholl huet, an zwar d'CO₂-Steier, duerch déi och d'Kafkraaft erofgeet. Manner Cash an der Täsch. Mir als ADR hätten eis eng Aussetzung vun der CO₂-Steier gewünscht.

Wat elo d'Zukunft vun der Steiertabell ugeet, sou wier et elo ubruecht, fir sou schnell wéi méiglech déi ganz Upassung vun acht Tranchë virzehuelen an dann eng reegelméisseg automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation virzehuelen. Gëtt dat net gemaach, da si mer nach ëmmer am System vun enger verstoppter Steiererhéijung, wou d'Leit net dat kréien, wat hinnen eigentlech zousteet.

Här President, mir als ADR stëmmen hei kloer fir dese Projet vun der Upassung u véier Indextranchen, well déi schaffend Leit an déi Pensionéiert hei méi Geld iwwer wäerten hunn. D'Chamber hat hei schonn decidéiert no den Tripartitt-Accorden – an ech betounen och, dass d'Chamber dat decidéiert hat, net d'Regierung! –, fir zwou an eng hallef Tranchen unzepassen.

Mir hoffen dann elo, dass d'Chamber haut ofstëmmt, fir weider 1,5 Tranchen unzepassen. Dat ass och eng Entscheidung vun der Chamber an do soe mir als ADR kloer Jo. Et war en zentraalt Thema am Walprogramm vun der ADR a mir kënnen hei e flotten Deel vum ADR-Walprogramm zum Wuel vun de Leit erfëllen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren also elo haut iwwert déi éischt legislativ Mesür, déi d'Walversprechen, haaptsächlech vun der CSV, soll ëmsetzen. Et ass net déi éischt richteg Mesür, déi a Kraaft tritt – iwwert déi hu mer gëschter diskutéiert; dat war den Accord vum Verbuet vun alle Forme vum Heeschen an der Stad Lëtzebuerg –, mee et ass dann dat éischt Gesetz, wat wierklech de Stempel vun der CSV dréit.

Contrairement awer zu deem, wat am Walkampf versprach gouf, nämlech datt grad déi Kleng- a Mëttelverdénger an d'Mënschen an der Steierklass 1a sollen entlaascht ginn, ass et en fin de compte eng Mesür, déi virun allem Leit mat engem méi héije Verdéngscht méi entlaascht. Ech kommen nach drop zrëck.

Fir d'éischt awer emol zur Kommunikatioun ronderëm dës Mesür: Am Kader vun der Tripartitt war schonn eng Upassung vun zwee an en halleft Mol vun der Steiertabell un d'Inflation decidéiert ginn. Dat war e Kompromëss tëscht de Sozialpartner, deen den Indextranchen, déi gefall sinn zënter der leschter Upassung, sollt Rechnung droen, sachant, datt – an

dat gëtt hei dacks a gär vergiess – d'Ofschafe vun deem Automatismus bei den Indexupassungen net an de leschten zéng Joer decidéiert gouf, mee 2012, an dat vum deemolege Finanzminister Luc Frieden an Zesummenaarbecht mam Rapportier Gilles Roth.

Den Text, deen 2012 ofgeschaaft gouf, war schonn 1996 ëmgeännert ginn. Ob dat elo eng Ofschwächung oder eng Verbesserung war, do sinn d'Meenungen deemools ausenanergaangen. Fakt ass jiddwerfalls, datt zënter 2012 néierens méi esou eng automatesch Upassung virgesinn ass. Ech fannen et also pour le moins ulkeg, datt ënner anere Partei, déi de ganze System ofgeschaaft huet, hei elo e bësse mécht, wéi wann de Staat zéng Joer laang dem Bierger e bëssen d'Suen aus der Täsch gezunn hätt, mat deene Rechnungen, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, déi elo nach eng Kéier virbruecht gi sinn. Well d'Gronddecisioun, fir net méi automatesch d'Steiertabell unzepassen, déi geet op d'CSV zrëck.

An och d'CSV hat deemools hir Grënn, dat ze maachen. Am Exposé des motifs steet lapidairesch: „Dans le contexte actuel, les considérations de politique budgétaire ne permettent pas de maintenir [...] une disposition en matière de l'impôt sur le revenu qui renferme l'adaptation du tarif à la variation de l'indice pondéré des prix à la consommation“.

Wéi mer an de leschte Méint d'Inflationsberengung vun der Steiertabell diskutéiert hunn – den honorabele Franz Fayot ass schonn dorobber agaangen op déi Diskussiounen, déi waren –, do ass awer och vill gesot ginn, dass net méi Sputt do wär wéi déi zwou an eng hallef Upassung plus de ganze Pak un anere Mesüeren, déi decidéiert goufen. Miraculeusement ass dat elo de Fall, obwuel déi zousätzlech Mesür, déi Der jo elo decidéiert hutt, 180 Milliounen kascht a mer ons an enger Phas vu wirtschaftlech Ralentissement befannen, wéi de Statec eis nach gëschter confirméiert huet.

Wéi dëst géigefinanzéiert soll ginn, wësse mer net, a wat och den Impakt vun desen 180 Milliounen op zukünfteg Investitiounen, noutwenneg Investitiounen, wäert sinn, och dat ass à ce stade net bekannt. Dofir fannen ech et bal sarkastesch, wann elo d'Riednerin vun der CSV d'LSAP freet, wéi si dann hir Mesür wëlle géigefinanzéieren, well mir wësse bis haut nach net, wéi déi 180 Milliounen solle finanzéiert ginn.

(Interruption)

Wat awer gewosst ass, dat ass, ween am meeschten heivu profitéiert. Natierlech kann een dat, wéi Der dat gemaach hutt, a Prozenter ausdrécken a soen, datt prozentual gesinn ee mat engem méi klengen Revenu méi doduerch gewënnt. Wann een awer déi absolut Zuelen hält, da gesäit een, datt déi Prozenter fir Klengverdénger relativ moer an absoluten Zuele sinn. Zuelen awer, déi leider net sou verëffentlecht goufen – ech hat dat och gefrot an der Kommissioun –, mee just de Gesamtpak gouf an d'Vitriinn gestallt, vun deem allerdeings de Gros, also 2,5 Tranchen, schonn decidéiert war.

Just dann als Rappel: Eng Persoun, déi 3.000 Euro de Mount verdéngt, wäert duerch dës zousätzlech Mesür 14 Euro de Mount méi hunn. Eng Persoun, déi 12.000 Euro de Mount verdéngt, kritt schonn 41 Euro de Mount bäi. Sozial gerecht ass anescht! A mer wësse jo awer, datt grad déi, déi net esou vill hunn, déi meescht Problemer hunn, d'Enner beieneenze-kréien, virun allem eeben an Zäite vun engem zolitten Inflationsdruck.

Fir e Pak, deen 180 Milliounen kascht, ass dat net grad gerecht. Wa mer schonn a méi komplizéierten Zäiten esou vill Suen an de Grapp huelen, da wier et gutt gewiescht, dat méi cibléiert ze maachen. Duerch déi éischt Decisioun gouf jo en Deel vun der Tabell

ugepasst, fir jiddwerengem entgéintzekommen, also déi Decisioun aus der Tripartitt. Et wier elo d'Geleeënheet gewiescht, séier eppes prioritär fir déi ze maachen, déi et am meeschte brauchen an déi am meeschten ënnert der héijer Inflation leiden.

Wat mech awer fundamental stéiert, ass déi Diskusioun, déi mer an der Kommissioun haten an déi och hei elo erëm ugeklungen ass, wann et duergestallt gëtt, wéi wann iwwert déi lescht Joren d'Bierger d'Sue quasi aus der Täsche gezu kritt hätten. Déi Debatt geet komplett laanscht de Fait, dass Steiere bezuelen net eng Strof ass, mee eng Bedelegung vum Einzelen en fonction vu senger Méiglechkeeten zur Allgemengheet, grad eeben och a méi komplizierten Zäiten.

Natierlech kann een der Meinung sinn, et bräicht een e schlanke Staat, de Staat sollt sou mann wéi méiglech agräifen an ergo bräicht een och net vill Steieren anzedriewen. Wa mer awer visionär an d'Zukunft vum Land investéiere wëllen, an ons Schoulen, an ons Kliniken, an ons Mobilitéit, da brauche mer e staarke Staat. A wa mer wëllen, dass déi, déi manner hunn, déi, déi am Besoin sinn oder méi Hëllef brauche wéi anerer, wa mer gär hätten, dass déi kënne vum Staat ënnerstëtzt ginn, brauche mer dofir och Steuerrecetten. Dat klaut de Staat net, e verdeelt em, en hëllef, Ongerechtegkeeten aus der Welt ze schafen.

Duerfir brauch de Staat och Flexibilitéit bei der Festleeung vu Steieren, och grad an Zäite vun héijer Inflation. Dat hat de Legislatioun 2012 ënnert dem Impuls vum CSV-Finanzminister deemools zu Recht decidéiert. Déi Contraintes budgétaires, déi 2012 richtig waren, déi sinn och haut pertinent.

Mir hoffe jiddwerfalls, dass dat hei elo net ausschlaggebend gëtt fir d'Steierpolitik vun den nächste fënnf Joer. Mir hoffen, dass en attendant déi grouss Steuerreform, an där d'Steierklassen ofgeschafft solle ginn an eng eenzeg fir jiddweren geschaf soll ginn, eppes, wat absolut luewenswäert, noutwendeg ass a wat mer ënnerstëtzen, kënn, och eppes fir déi Kleng- a Mëttelverdénger geschitt, sou wéi dat am Walkampf an am Koalitionsaccord versprochen gi war, genee wéi och fir d'Mënschen, iwwert déi mer scho ganz laang hei schwätzen, an der Steuerklasse 1a. Dat hätt een och elo scho relativ komplizéiert kënne maachen, et ass nach net geschitt.

Dowéinst awer meng zwou Froen un Iech, Här Finanzminister: Dir sidd elo e bësse méi wéi ee Mount am Amt. Mir hunn all scho gemierkt, Dir hutt Iech schon intensiv ageschafft. A wéi enger Echeance maacht Der eppes fir d'Steierklasse 1a? An ass geplangt, ausserhalb a virun allem virun där grousser Steuerreform, mat där d'Steierklasse sollen ofgeschafft ginn, och eppes méi geziilt ze maache fir Kleng- a Mëttelverdénger?

Mir hunn och an deem Sënn eng Motioun préparéiert a froen, dass iwwert déi als Question préalable virum Vott zu deem Projet de loi ofgestëmmt gëtt, konform zum Artikel 41 vum Chamberreglement. Mir froen heiran, dass bei zukünftigen Adaptatiounen vum Barème méi sozial cibléiert virgaange gëtt, dass en Allègement bannent 12 Méint proposéiert gëtt fir d'Personen aus der Steuerklasse 1a an dass mer alles maachen, fir déi nächste Joren och genügend Steuerrecetten ze hunn.

Mir wäerten onst Ofstëmme bei deem Text vun där Motioun hei ofhängeg maachen. Mir sinn nämlech der Meinung, dass dat hei zu engem groussen Deel nach op den Accord mat de Sozialpartner zrëckgeet, deen an der viregter Regierung ausgehandelt gouf, mee et geet ebe méi wäit. Et stellt d'Fro vun der Géifinanzéierung an et verstärkt d'Ongerechtegkeeten. Wa sech elo bei nächsten Adaptatiounen awer méi zolidd em déi méi Schwaach gekëmmert gëtt,

da kënne mer dëst hei matdroen. Wann dat net de Fall sollt sinn an et just en éischte Schratt ass an, wéi schon ugeklungen, an den nächste Méint dann déi nächste véier Tranchen decidéiert ginn, ouni dass e méi staarken Akzent op déi méi Schwaach geluecht gëtt, op déi, déi et am meeschte brauchen, dann enthalte mer ons bei deem Text.

Wann d'Regierungsmajoritéit sech mat engem Jo zu dëser Motioun elo haut derzou engagéiert, fir an den nächste Joren eng verantwortungsvoll a sozial gerecht Steuerpolitik ze maachen, da kënne mer dëse Projet de loi matdroen. Wann dat net de Fall sollt sinn an et just en éischte Schratt ass vun enger genereller Politik vu manner Steieren, vun där an der éischter Linn déi Räichst profitéieren an déi riskéiert, op laang Siicht zu enger Spuerpolitik bei Investitiounen a Sozialtransferten ze féieren, da kënne mer dat hei net matdroen an dann enthalte mer eis bei deem Text.

Merci.

Motion 1

« relative à l'adaptation du barème d'imposition »

La Chambre des Députés,

– notant la proposition d'adaptation générale du barème d'imposition à l'inflation de 1,5 tranches indiciaires de la part du Gouvernement, venant s'ajouter à l'adaptation du barème de 2,5 tranches indiciaires déjà votée par la Chambre des Députés ;

– considérant que l'accord de coalition du Gouvernement prévoit, « à moins que la trajectoire budgétaire ne le permette pas », que « les autres tranches indiciaires échues depuis le 1^{er} janvier 2017 ou à échoir seront neutralisées dans le barème au courant de la présente législature » et que « parallèlement, le Gouvernement s'engagera pour réduire la charge fiscale des petits et moyens revenus » ;

– soulignant l'importance de soutenir fiscalement les ménages à bas et moyens revenus pour lutter contre le risque de pauvreté et stimuler la consommation des ménages en temps de ralentissement économique selon le principe du « trickle-up » ;

– considérant l'incertitude entourant le développement de la situation économique et par conséquent des finances publiques dans leur globalité ;

– soulignant l'importance de continuer voire accroître les investissements publics dans les années à venir afin de faire face aux crises multiples actuelles,

invite le Gouvernement

– à mettre l'accent à l'occasion de la prochaine modification du barème sur des mesures prioritairement plus ciblées en allégeant la charge fiscale prioritairement pour les revenus bas et moyens ;

– à proposer endéans les 12 prochains mois un allègement temporaire – en attendant la réforme promise pour 2026 – des personnes imposées dans la classe 1a ;

– à garantir les recettes fiscales nécessaires pour garantir le financement de dépenses et d'investissements publics indispensables dans les années à venir.

(s.) Sam Tanson, François Bausch, Joëlle Welfring.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen: „Mat all Indextranche kritt een 2,5 % um Bruttoloun bäi. Netto bleiwen awer keng 2,5 % iwwreg, well ee mat méi Bruttoloun och méi Steiere muss bezuelen. All Indextranche kënn deemno mat enger Steuererhéijung an doduerch geet d'Kafkraaft vun de Leit“ zwar op den éischte Bléck erop, mee gläichzäiteg awer och erëm erof. All Index bréngt engem

Mindestlounempfänger – aktuelle Mindestloun – ronn 65 Euro méi brutto a kascht en direkt em déi 16 Euro Steieren – 15,9, fir genau ze sinn. An de Staat hëlt sech also déi direkt erëm.

„Fir déi Situatioun ze änneren, muss de Steuerbarème mat indexéiert ginn.“ Dat kompenséiert dass zumindest zum Deel. „D'Piraten wäerte sech [weiderhi] fir eng järelech Indexéierung vum Steuerbarème asetzen. Dat awer mat enger Deckelung op den héchsten Tranché vum Barème. Richtig gesi kascht dës Moossnam de Staat näischt, well bei de Steuerrecetten alles esou bleift, wéi et der aktueller Realitéit entsprécht, an d'Leit behalen d'Indextranche vun 2,5 % [...]. Domadder gëtt d'Kafkraaft [...] gestärkt.“

Dat, Léif Kolleginnen a Kollegen, war en Extrait aus eisem Walprogramm, eent zu eent zitéiert. An dat ass eppes, zu deem mer och weiderhi wäerte stoen. Mir begrëssen also, dass dës Upassung kommen. Et ass och gutt, dass mer a Richtung Automatismus wëlle goen, wat d'Upassung ugeet, well d'Regierung der Chamber ab elo all zwee Joer wëll d'Donnéee fir eng eventuell Upassung virleeën.

Mee dat geet eis net duer. Nëmme duerch eng järelech Upassung kann een dës indirekt Steuererhéijung duerch gefallen Indextranchen op e Minimum reduzéieren. Well och dann nach keng Indextranche, soe mer, am Februar falen an d'Leit bezuelen zéng Méint laang op déi 2,5 % méi Pai Steieren.

Wann een déi momentan Situatioun kuckt, da sinn zanter Januar 2022 véier Tranché gefall. Do sinn zwee Joer da scho ganz laang fir eng Upassung. An och wann et nëmme eng eenzeg Tranche wär, déi mer no 20 Méint kompenséieren, hätten d'Leit 20 Méint indirekt eng Steuererhéijung bezuelt. Dofir, Här President, wäert ech ganz um Schluss nach eng Motioun deposéieren, fir dass de Steuerbarème all Joer amplaz all zwee Joer ugepasst soll ginn.

An de leschte fënnf Joer huet de Lëtzebuerger Staat ronn 2 Milliarden Euro Steieren duerch eeben dës Indextranché méi kritt. Mir ginn also de Leit just dat Geld zrëck, wat se u sech dem Staat geléint hunn. Et ass eng Neutralisatioun, keng Erlicherung an deem Sënn.

Well, Här President, fairerweis muss ee jo soen, dass dës Kéier net véier Tranchen ugepasst ginn, mee dass mer annerhalfe Tranchen derbäisetzen, well dës Chamber huet schon dëst Joer zwou an eng halfe Tranchen ugepasst. Dat war am Summer, a sou laang geet mäi Gediechtnes nach zrëck, dass ech mech ganz gutt kann drun erënneren, dass mer dat hei gemaach hunn. Dat heescht, u sech mécht dës Regierung net véier Tranchen, se mécht annerhalfe Tranchen, well dat anert hu mer virdru scho gestëmmt.

(Interruptions)

Déi al wéi déi nei Regierung hunn hei also ee Schratt an déi richtig Richtung gemaach, mee se sinn nach net do, wou mir hiwëllen.

Här President, ech wëll awer och ganz kuerz op den Amendement vun der LSAP agoen. Generell ass et ëmmer gutt, wann Oppositionsparteien am Parlament Gesetzesännerunge proposéieren oder och Amendementer proposéieren. Mir hunn eis d'Alternativ awer ugekuckt an ech wëll ganz kloer soen: Mir wäeren derfir gewiescht, dass de Staatsrot hätt kënnen en amont aviséieren, well ech mengen, dass dat zu de gudde Gepflogenheete vum Parlamentarismus gehéiert, dass mer zumindest en Avis froen.

Um Fong, wa mer da vun der Form ofgesinn, si mer awer net ganz averstane mam Amendement, well wann een dat eng Kéier duerchrechent, da fänkt et ab 4.000 Euro brutto de Mount un, dass d'Leit eppes

verléiere par rapport zu der aktueller Propos. 4.000 Euro de Mount brutto, dat ass ongeféier d'Medianakommes pro Personne adulte an engem Menage. Dat heescht ganz konkret, datt den Amendement vun der LSAP d'Hallschent vun de Steierzueler méi schlecht géif stelle wéi d'Propos, iwwert déi mer kënnen ofstëmmen. Dat ass fir eis net akzeptabel an deementspriedend kënnen mer déi Amendementer och am Fong net matdroen.

Wann ee méi sozial Steierpolitik wëll maachen, da muss een déi breet Mëttelschicht mathuelen. Da muss mer definitiv iwwert d'Medianakommes erausgoen. Da muss mer driwwer schwätzen, datt mer bei 70 %, 75 % mindestens vun de Steierzueler derbäi sinn. Ech géif souguer soen, 80 % bis 85 %, well dat ass déi breet Mëttelschicht, déi mer müssen abannen, net just déi Leit, déi bis d'Medianakommes verdéngen, wat ganz konkret heescht, datt d'Hallschent vun de Steierzueler méi schlecht ewech géif kommen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten wäerten dofir éischter d'Propos vun der Regierung ënnerstëtzen, well och wann déi net dat ass, wat mer wëllen, well et keen Automatismus ass, well et och kee Plaffong fir d'Groussverdénge gëtt – ech denken, datt déi iewescht 20 % vun de Steierzueler zum Beispill net misste voll berengegt ginn –, esou ass et besser wéi näischt oder just d'Upassung vum Steierkredit.

Mir rappeléieren awer nach eng Kéier, datt et hei drëms geet, de Leit dat zréckzeginn, wat hinnen zousteet, an datt dat heite kee Chrëschtagskaddo ass. Oder anescht: Deen heite Kaddo – wann Der et da Kaddo wëll nennen –, deen hunn d'Leit sech selwer gemaach.

Ech soen Iech Merci. An Dir kritt nach eng Motioun.

Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– *Mat all Indextranche kritt een 2,5 % um Bruttoloun bäi, mee netto bleiwe keng 2,5 % Kafkraaft iwwreg, well eng Persoun mat all Erhéijung méi Steiere muss bezuelen (= kal Progressioun).*

– *Zënter der leschter Steierreform 2017 sinn aacht Indextranchë gefall a mam Gesetzesprojet 8342 gëtt de Steierbarème vun der Akommessteier ëm véier Indextranchen ugepasst.*

– *Fir ze verhënneren, dass d'Upassunge Joren ze spët duerchgefuert ginn, misst de Steierbarème an Zukunft järelech un d'Indextranchen ugepasst ginn.*

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. an dëser Legislatur ee Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir d'Indexéierung vum Steierbarème ze automatiséieren, mam Zil, dass de Barème ufanks vun all Joer um Stand vum leschten Index um 31.12 ugepasst gëtt.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen, Ben Polidor.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci dann zweemol, Här Clement. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, den Här Clement huet et grad gesot – an ech mengen, et ass wichteg, dat ze soen, a mir wollten och nach eng Kéier dorun erënneren –, datt d'Regierung sech et e bëssen einfach mécht, wa se seet, se géif elo véier Tranchë berengegen. Dobäi sinn tatsächlech 2,5 Tranchë scho gestëmmt ginn. Ech hu se leider net matgestëmmt, well ech dee Moment net an der Chamber war, hätt dat awer gemaach. Mee

elo stëmme mer 1,5 Tranchen. Dat ass en Deel vun de Walversprieche vun der CSV, déi ëmgesat ginn. Warscheinlech ass et och ee Walversprieche vun der CSV, wou ech nach domadder ka liewen, deen ëmgesat gëtt, well déi aner Walversprieche si vläicht net onbedéngt sou agreabel fir d'Leit. Ech mengen, et wäert och warscheinlech dobäi bleiwen.

Mee natierlech, mir sinn der Meenung, datt dat eng Steiererliichterung fir d'Salariat bedeit. Dobäi gëtt et Kriticken, déi gemaach gi sinn an op déi ech och wäert zréckkommen. Mee nodeems awer och no der leschter Tripartitt – därerf een och net vergiessen – immens vill Kaddoe gemaach gi si fir d'Betriber, war et och un der Zäit, fir eppes fir d'Salariat ze maachen.

Am grouse Ganzen huet d'Salariat 8 Tranchë verluer. Et kritt dann elo 2,5 plus 1,5 bäi. Hätte mer déi 8 Tranchen adaptéiert, hätt zum Beispill eng Persoun an der Kategorie 1, déi 5.000 Euro brutto verdéngt, ongeféier 100 Euro Steiere manner bezuelt de Mount, also quasi 1.200 Euro manner d'Joer.

De Problem ass tatsächlech deen – dee gouf och vu jidderengem oder e puer Leit ugeschwat –, datt mer trotzdeem och mat dëser Adaptatioun e bësse mat der Géisskan fueren an datt u sech all d'Tranchë wäerten an de Genoss dovunner kommen, och déi Räichst. An d'CSV huet vun enger breeder Mëttelschicht geschwat. Ech weess net, wéi breet déi Mëttelschicht geet an den Ae vun der CSV, mee et muss een awer och trotzdeem bedenken, wann et eis och drëms geet, datt d'Salariat erëm Konsumfäegkeet kritt, nodeems et Konsum verluer huet duerch d'Inflatioun, an datt en Deel elo berengegt gëtt, datt u sech awer och déi iewescht Klassen, déi, déi och am meeschte verdéngen, och wann déi duerno méi wäerte kréien, nodeems mer dat heite gestëmmt hunn ..., datt dee Surplus net onbedéngt an de Konsum erageet. Dee geet op aner Plazen. Doriwwer kënnen mer och nach diskutéieren herno bei den Douzièmes provisoires, dozou gëtt et nach villes ze soen, mee u sech iergendeng Kéier, ab iergendengem Niveau geet de Surplus net an de Konsum an ass an deem Sënn och net onbedéngt berechtigt.

Mir maachen eis awer och eng Partie Suergen, wa mer schonn dobäi sinn, well et geet jo drëms, datt de Steierbarème inflatiounsberengegt gëtt. De Problem ass jo och deen, datt den Automatismus vum Index a Fro gestallt ginn ass, an dee gëtt och vun deem heite Koalitiounsaccord a Fro gestallt, well am Koalitiounsaccord steet dran: Sécher ass eng Tranche pro Joer. Déi ass sécher. Déi ass sécher. Déi aner Tranchen, déi géifen erfalen, wann d'Inflatioun – wee weess? – erëm eng Kéier an d'Héicht géif goen. Déi aner Tranchen, do gëtt driwwer diskutéiert innerhalb vun der Tripartitt an do kucke mer, wat mer maachen. Dat ass sou, wéi mir dat gelies hunn. Dat heescht, dat stëmmt eis awer och nach net ganz positiv u sech, déi heiten Ausso.

D'Madamm Adehm huet sech gewonnert, well si huet vun der Propos vun den Amendementer vun der LSAP geschwat, huet sech gewonnert, wou mer deen Déchet fiscal vun 230 Milliounen kéinte siche goen. Et ass eng legitim Fro. Et ass ëmmer eng legitim Fro, sech d'Fro ze stellen, wou een en Déchet fiscal siche geet. Dorobber gëtt et awer och Äntwerten. An do wiere mer erëm beim Steierbarème iwwerhaapt a bei enger Steierreform.

An dat ass jo och vläicht de Problem, dee mer elo hei hu mat der Upassung un d'Inflatioun vum Steierbarème, datt een dat aneschtens misst upaken, fir datt et och méi gerecht gëtt. Dat heescht, datt ee fir d'éischt emol eng Steierreform mécht an datt een och de Spätzesteiersaz an d'Luucht setzt an deen, wéi mir et proposéieren, wéi d'Chambre des Salariés

et d'ailleurs och proposéiert, bis 50 % eropgeet an enger éischter Phas. A mengen Ae kéint et roueg driwwer goen. An den 80er-Jore ware mer op 56 % an ech mengen net, datt d'Liewen deemools sou problematesch war. An datt een och iwwert d'Palieren, iwwert d'Seuilen diskutéiert, well iergendeng Kéier déi héijer ... Beim Mëttelstandsbockel geet et jo relativ séier, fält ee relativ séier an eng aner Tranche, mee duerno déi iewescht, wou et duerno och bei 200.000 Euro ophält, 42 %, do gëtt et awer nach vill Sputt no uewen.

Dat heescht, mir sinn der Meenung, fir d'éischt emol misst de Steierbarème reforméiert ginn an dann hätte mer och en enger gerechter Upassung un d'Inflatioun geschafft. Dat gëtt elo net gemaach an elo hu mer e Problem. A Wierklechkeet, wou mer ... Géife mer deen heite Projet de loi net matstëmmen, géif et awer och bedeuten, datt déi ënnescht Schichten net ugepasst géife ginn. A mir sinn awer trotzdeem der Meenung als Lénk, datt dat awer misst geschéien. D'autant plus, datt et schlussendlech dann nëmme 4 Tranchë sinn, also 1,5 fir dese Coup, mee schlussendlech nëmme 4 Tranchë sinn amplat vun 8. Anerersäits natierlech kritt jidderengem d'Tournée générale. Dat ass e Problem och an eisen Aen. An eisen Aen ass dat awer keen Argument, fir ze soen, datt mer dee Projet de loi net géife matstëmmen, quitte datt mer et léiwer aneschtens gestalt hätten.

Mir kënnen och an deem Sënn d'Amendementer vun der LSAP matdroen an, ech mengen, warscheinlech déi Motioun vun de Gréngen och. Ech muss déi nach liesen, mee ech mengen, déi ginn an déi richteg Richtung. Ech mengen, datt et kohärent ass, déi zwee Amendementer vun der LSAP matstëmmen, déi warscheinlech net ugeholl ginn. Souwäit ech verstanen hunn, géife se net ugeholl ginn. Ech weess et net.

Trotzdeem géife mer deen heite Projet de loi awer matstëmmen, well et gëtt nach nozebesseren. A wee weess, vläicht wäert des Majoritéit duerno nach eng gréisser Steierreform maachen, wou déi héijer Revenu méi misste bäidroen. Ech hunn d'Hoffnung nach net komplett opginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen Iech Merci, Här Wagner.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll Iech villmools Merci soen, dass mer dese wichtege Gesetzesprojet kënnen elo virum Enn vun Joer stëmmen. E Merci dofir un déi ganz vill Aarbecht, déi geleescht gouf an deene leschte véier Wochen no Untrëtt vun dëser Regierung, souwuel um Niveau vun dem Ministère, um Niveau vun der Steierverwaltung, awer och um Niveau vun der Chamber. Mir haten eng Rei vu gudden Meinungsaustauschen iwwert dese Gesetzesprojet an der Chamberskommissioun, an der Finanzkommissioun. An ech wëll Iech och ganz opriichteg Merci soe fir déi flott an argumentéiert Debatt, déi mer elo déi leschte Stonn hei haten.

An ech géif eigentlech soen, wann ech héieren, wat argumentéiert a gesot gouf – an ech wëll dat wierklech ënnersträichen, ech appreciéieren dat! – souwuel vun der LSAP, vun der DP, vun der CSV, vun der ADR, de Piraten, deene Lénken an déi gréng: Dese Gesetzesprojet ass eigentlech da bëssen de goldene Mëttelwee vun deene Meenungen, déi am Parlament ausgedréckt goufen.

Dese Gesetzesprojet dréit eppes Rechnung – an ech mengen, dat ass net a Fro gestallt –, nämlech dass

d'Leit méi Kafkraaft kréien ab dem 1. Januar vum nächste Joer. Dat ass sou virgesinn, net an engem Koalitiounsaccord eleng, mee et ass virgesinn an engem Regierungsprogramm, deen hei an der Chamber mat enger grousser Majoritéit gestëmmt gouf. Et ass och dat, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Gewerkschaften an anerer dobaussen am Virfeld vun de Chamberwalen gefuerdert hunn an och elo nach mat Nodrock fuerderen.

Et ass virun allem eng Entlaaschtung vun all de Steuerzueler iwwert de Barème. Et ass eng strukturell Moosnam, déi bewierkt, dass d'Leit ab dem Januar 2024 méi Netto vum Brutto hunn, déi bewierkt, dass d'Leit méi Suen an der Täschen hunn, well all Netupassung – an et ass op ville Plazen, an och haut erëm an dëser Debatt, ënnerstrach ginn – vun der Steiertabell, dat ass de facto eng verstoppte Steuererhéijung. An dat wëlle mer verhéieren, well eng verstoppte Steuererhéijung, Dir Dammen an Hären, dat ass Géift an enger Zäit, wou d'Leit méi Kafkraaft brauchen!

Et ass richtig, dass mer eng ugespaante Situatioun hunn, den Här Fayot ass drop agaangen. Et ass haut och nach eng Kéier de Bericht vun dem Stätec komm. Mee grad dann, Dir Dammen an Dir Hären, muss een de Leit ënnert d'Äerm gräifen. Et muss een de Leit hëllefen, fir méi Kafkraaft um Enn vum Mount ze hunn, sief dat fir d'Konsumausgaben ... An den Här Goldschmidt huet dat richtig gesot, de Konsum hëlleft jo och der Geschäftswelt, dat hëlleft de Kleng- a Mëttelbetriber, dass d'Leit weider de Konsum hunn, an et hëlleft och de Leit bei héijen Zënsen, déi se müssen op hir Prête bezuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, déi véier Indextranchen, déi sech ab dem 1. Januar 2024 strukturell wäerten am Steuerbarème ermënnen – par rapport zu dem Steuerbarème 2023, och dat ass e Fakt –, dat ass dat eng Entlaaschtung vun iwwer 10 % vun der Steuerlaascht, déi d'Leit am Duerchschnitt ze droen hunn. An et si besonnesch déi Kleng- a Mëttelverdénge, déi am meeschten dervu profitéieren. Ech kommen herno nach dorüber zrëck. Et si besonnesch déi Leit, déi an der Steuerklasse 1a sinn, déi am meeschten entlaascht ginn an zu Recht entlaascht ginn.

Well kuckt emol, bei engem versteierbaren Akommes vu 50.000 Euro brutto an der Steuerklasse 1a mécht dat ëmmerhin 1.160 Euro aus par rapport zum Barème, wéi en haut applikabel ass. A wann een de Crédit d'impôt conjoncture, dee jo just op dëst Joer limitéiert ass, ewechhëlt, da mécht dat nach ëmmer e Plus vu 709 Euro aus. Dat ass net näischt!

Bei engem versteierbare Bruttoakommes vun enger Famill, d'Madamm Adehm huet dat ugefouert, vun 125.000 Euro an der Steuerklasse 2 sinn dat ëmmerhin 2.189 Euro. Hëlt een de Crédit d'impôt conjoncture ewech, dann ass dat nach ëmmer e Plus vun 1.333 Euro Steieren, déi déi Famill muss manner bezuelen. Aner Rechebeispiller sinn an der Presentatioun, déi de Finanzministère gemaach huet, déi ëffentlech zougänglech war, opgefuert.

Dësé Projet dréit och enger laangjäerger Fuerderung Rechnung, nämlech där, dass de steuerbefreien Agangsmontant, dat heescht dee Montant, ab deem een iwwerhaupt Steiere bezilt, natierlech doduerch, a berechteterweis, an d'Luucht geet. An ech wëll Iech just ee Beispill ginn: Dee läit de Moment bei 11.265 Euro an der Steuerklasse 1. Dee geet erop mat dëser Upassung, op 12.438 Euro geet deen an d'Luucht.

An ech wëll just allegueren deene Leit eppes soen, déi soen: „Ma dat ass eng einfach automatesch Applikatioun vun engem Steuerbarème.“ Nee! Et ass en Entgéintwierke géint déi kal Progressioun, wou an Däitschland d'Bundesregierung gesetzlech verpflichtet

ass, fir där besonnesch bei dem Agangsmontant Rechnung ze droen. Ech wëll Iech just soen, Madamm Tanson, dass an Däitschland aktuell de Betrag, ab deem ee Steiere bezilt, wäert ab dem 1. Januar 2024 op 11.604 Euro an d'Luucht goen. Dat heescht am Umkehrschluss: Hätte mer déi Adaptatioun hei net gemaach, da géif een an Däitschland ab dem 1. Januar méi spët Steiere bezuele wéi dat, wat haut aktuell zu Lëtzebuerg ass.

E weidere Punkt ass deen, dass d'Steiertranché verbroedert ginn. Dat ass eng arithmetesch Applikatioun, mee bréngt awer och mat sech, dass de berühmte Seuil vun de 40 %, dat heescht déi 39 % aus dem Barème plus d'Solidaritätssteuer, plus d'Contribution zu der Fleegeversicherung ... Domadder kënnt een nämlech da schonn iwwer 40 %, wat awer net näischt ass – ouni mol dat, wat zousätzlech d'Soziallaaschten derbäimaachen. Dann heescht dat am Kloertext, dass ee bis haut an der Steuerklasse 1 ab 45.000 Euro iwwert déi 40 %, also global, komm ass fir all 100 Euro, déi ee méi verdéngt. Ab dem 1. Januar wäert dee Montant op iwwer 50.000 Euro an d'Luucht goen, a fir Leit an enger Steuerklasse 2 ass dat iwwer 100.000 Euro.

Ech wëll och ganz kloer soen, dass de Regierungsprogramm virgesäit, dass dat hei eng éischt Upassung vun dem Steuerbarème ass. D'Hallschent vun deenen aacht Indextranchen, déi opgelaf sinn zanter 2017 duerch eng Netupassung vun der Steiertabell, déi gëtt heimat berengegt.

Jo, et sinn Einzeler, déi hu méi gefrot. Dat hei ass dat, wat à ce stade am Regierungsprogramm festgeluecht gouf. An ech mengen och, wann ech déi verschidden Intervenanten héieren, ass dat effektiv net nëmmen d'Hallschent vun aacht, mee et ass och de goldene Mëttelwee, wann ech déi eenzel Intervenanten hei héieren.

Ech wëll awer ganz kloer ënnersträichen, well dat ass jo och vu Verschiddene gefrot ginn, berechtigt gefrot ginn, fir net ze soen och duerch Motiounen gefuerdert ginn: Jo, de Regierungsprogramm gesäit och vir, dass an Zukunft – an ech hoffen, dass dat ka sou schnell wéi méiglech bewerkstelt ginn – deenen Indextranchen, déi nach opstinn, nämlech deene véier reschtliche plus deenen, déi eventuell nach erfalen en cours de route – a wann ech richtig gelies hunn, huet de Stätec haut gesot, dass um Enn vum Joer 2024 kéint nach eng weider Indextranche erfalen –, muss a wäert natierlech och a weidere Schrëtt vun der Upassung vun dem Steuerbarème Rechnung gedroe ginn.

Dat ass also en éischte Schrëtt, anerer kommen no. Ech hoffen, dass déi finanziell a budgetär Méiglechkeete vum Staat erlaben, fir datt deem sou schnell wéi méiglech – och am Interessi vun der Kafkraaft an am Interessi, dass d'Leit net permanent steuerlech méi belaauscht ginn – Rechnung gedroe gëtt. Et ass also e Punkt aus engem Gesamtpak.

Eng weider Moosnam wäert zäitno an de Méint Januar, Februar kommen – an ech hoffen och an engem Konsens; dat ass net ëmmer en unanimmen Accord, wat mer mussen maachen – am Wunnengsbau, well Dir wësst, déi, déi fréier an der Regierung waren, déi do héich Verantwortung, besonnesch am Wirtschaftsberäich, gedroen hunn, dass de Wunnengsbaumaart ugespaant ass. A mir müssen alles drusetzen, dës Regierung muss a wäert och alles drusetzen, fir dass de Wunnengsbaumaart erëm eng Kéier ugekuert gëtt, fir dass, jo, virun allem och séchergestallt gëtt, dass déi vill Leit, déi am Constructiounssecteur beschäftegt sinn – an ech mengen, do si mer eis allegueren eens –, sech net, wa se aus hirem wuelverdénge Kollektivurlaub zrëckkommen, dann herno op der Strooss ermënnen.

An ech komme bei eng weider Moosnam, dat ass déi, déi d'Madamm Tanson ugeschnidden hat. Dat ass déi vun der Steuerklasse 1a. Ech bannen dat, wann Der erlaabt, Här President, a meng Ried mat an, well dann ass dat ...

(Interruption)

... e ganze Pak. Dass Der mech do net ze vill sanctionéiert op menger Riedezäit. Wann Der sot: „Ech hale strikt um der Riedezäit fest!“, da wier dat entgéint deem, wat Der gëschter gemaach hutt, mee dann halen ech mech un d'Riedezäit. Also, dat musst Der mer just elo soen.

(Hilarité)

Une voix | Dir hutt nach e bëssen Zäit.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ok.

M. Claude Wiseler, Président | Ech géif elo mol déi Zäit ausnotzen, déi Der hutt, Här Roth. Dir hutt der nach vill.

(Hilarité)

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ok. Also, puncto Steuerklasse 1a: De Regierungsprogramm gesäit ganz kloer vir, dass mëttelfristeg – an do ass jo eng Zäitschinn dragesat: 2026 – de Finanzminister invitéiert ass, no Consultatioun e Projet op den Dësch ze leeën, dass mer net méi ënnerscheeden, ob mer gepacst, gekummert, gescheet, bestuet sinn, mee dass all Mënsch iwwert déi selwecht Steuerklasse gefouert gëtt. Dat heescht, dass de facto déi Steuerklassen 1, 1a an 2 ofgeschafft ginn.

Dir wësst awer allegueren, déi, déi fréier Regierungsverantwortung gedroen hunn, déi, déi fréier an de Majoritéitspartei waren, dass dat net ka vun haut op muer bewerkstelt ginn. Och dee System vun enger eenzeger Steuerklasse oder vun der Individualiséierung vun der Steuer, dee muss een, och scho fir verfassungsrechtliche Problemer aus dem Wee ze goen, op eng gewësse Période transitoire strecken.

De Regierungsprogramm hëlt awer en attendant – an dat steet och ganz kloer dran – d'Engagement, dass an där Transitionphas d'Leit an der Steuerklasse 1a schonns virdru weider a verstärkt entlaascht ginn. Dat kann ee maachen iwwer eng Adaptatioun vun der berühmter Formel, wou ee vun der Steuerklasse 1 an d'Steuerklasse 1a kënnt. An et ass virgesinn, fir dat am Laf vum nächste Joer ze maachen, fir dass ab 2025 déi Entlaaschtungen kënne gemaach ginn. Dat zu deene Punkten.

Ech wëll nach kuerz agoen op déi Amendementer, déi vun der LSAP an der Finanzkommisioun virgeluecht goufen an déi haut an der Substanz nach eng Kéier reitériert goufen, nämlech dass een déi Steuerkreditte fir déi niddregst Akommessen sollt erhéien. An d'LSAP huet gesot: „Mir wëllen duerfir net, dass véier Indextranché berengegt ginn, mee dass nëmmen zwou an eng hallef berengegt ginn an déi aner Sue sollen da verwent ginn, fir déi Steuerkreditte an d'Luucht ze setzen.“

Ech begrëissen et ëmmer, well dat ass eng héich komplex Matière, wann eng Fraktioun, ob dat vun der Majoritéit oder vun der Oppositioun ass, sech eege Gedanken mécht an och kuckt, fir déi an en Text ze coulëieren. Dat ass eng technesch schwierig Aufgab. Mir hunn net déi Moyenen, d'Parteien zu Lëtzebuerg, wéi dat an anere grouse Länner ass, fir dat ze bewerksteltgen. Ech hunn dat selwer gesinn an deenen zéng Joer, wou ech an der Oppositioun war. Duerfir merci fir allegueren déi Efforten. Et kann een eng aner Meinung hunn. An dësem Fall huet d'Regierung eng aner Meinung. Déi ass och argumentéiert

ginn. Mee ech soe Merci, fir deen intellektuellen Input gemaach ze hunn.

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | D'Regierung gesäit heivun of, net well dat net an engem Koalitionsaccord steet. Also, wa mer eis esou anengen, da komme mer un e Punkt, wou mer praktesch net méi handlungsfäeg sinn. Mir sinn an engem liewegen Debat an ech mengen, besonnesch a weesentleche Punkte wéi deem vun der Steuerpolitik, wat oft an d'Gesellschaftspolitik erageet, do muss een och kucken, e gréisstméigleche Konsens ze hunn, quitte dass ee sech ëmmer op eng Majoritéit an enger Chamber muss kënne baséieren.

An duerfir wëll ech och soen – an dat hunn ech an der Finanzkommissioun gesot an ech stinn derzou an ech soen et och hei eng Kéier an enger öffentlecher Sitzung –: Déi Ëmuerdnungen um Niveau vun der Steuerklasse 1a wäert ech, op jidde Fall vu mengem Point de vue, kucken, mat engem gréisstméigleche Konsens ze maachen, soudass verschidde Modellen op den Dësch geluecht ginn an dass mer déi an der Finanzkommissioun offen diskutéieren. An dann op Base vun där Diskussioun muss d'Regierung eng Kéier d'Verantwortung iwwerhuelen an dat an e Projet de loi acalculéieren.

Hei ass de weesentleche Punkt, dass de Regierungsprogramm virgesinn huet, dass mer gären hätten à ce stade, fir d'Kaffkraaft vun all Steuerzueler ze stäerken, dass mer dat wëllen duerchzéien duerch de ganzen Tarif. An den Här Clement – wou ass en; deen ass kuerz eraus – huet dat eigentlech gesot: Mir sinn der Meinung, dass och Leit, déi iwwer méi wéi de Medianakommes verfügen, zu enger Mëttelschicht gehéieren an dass een net hei sollt higoen, dass déi an deser Zäit sollte steierlech méi belastscht ginn, wat de facto géif geschéien, wa mer se net géifen iwwert d'Inflationsberengung an der Steiertabell berücksichtegen. An dat soen ech och nach eng Kéier ganz kloer: Dat ass eigentlech dat Argument, firwat dës Regierung plädéiert, fir deem do net Rechnung ze droen.

An da wëll ech ofschléissend, Här President – ech maachen dat méi kuerz –, soen, dass d'Gewerkschaften, a besonnesch d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, iwwregens och fannen, dass dat hei e Schrëtt an déi richteg Richtung ass, dass déi och eng Äntwert dorobber ginn. An do sinn ech mat der Madamm Tanson – mee ech respektéieren Är Meinung – net d'accord, dass hei éischter d'Spëtzeverdrénger géife méi entlaascht ginn. Nee, déi ginn eebe prozentual manner entlaascht. Elo sot ... Jo, Dir kënnt elo eng Kéier laachen, mee et sinn och déi breet Schëlleren, déi richtegerweis an enger Solidargemeinschaft, meeschtens och am Montant absolu, méi Steiere bezuelen. Dat muss een och esou unerkennen.

Also, wéi gesot, hei seet d'Chambre des Salariés ... an ech liesen Iech nach eng Kéier dee Saz. Et ass zwar op Franséisch, mee dat hält dat dann erëm, wat ech Iech elo op Lëtzebuergesch gesot hunn. D'Chambre des Salariés, net d'Regierung, seet: „En vertu de la progressivité fiscale, le premier contribuable paie davantage“, dat ass also deen, dee méi vedéngt, „d'impôts que le second et, de ce fait, le premier se fait donc rembourser davantage que le second en cas d'allègement linéaire et proportionnel des contributions fiscales. Proportionnellement“, an dat ass fett gedrukt, „cependant, cette mesure bénéficie davantage aux petits revenus.“ Hei ass den Avis vun der Chambre des Salariés zu deem Punkt.

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Dat gesot, Här President, wëll ech Merci soe fir all déi konstruktiv Abréngunge vu Meinungen, déi

ënnerschiddlecher Natur sinn. Ech mengen, dovunner leeft eng Demokratie. An d'Demokratie leeft och dovunner, dass eng Majoritéit iwwer e Projet de loi decidéiert.

Ech soen Iech Merci. Ech hu 50 Sekonne méi geschwat an ech hu mech fir de Rescht awer un Är Zäit gehalen. De Rescht maachen ech vun donidden. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister. Gesitt Der, et ass souguer mat Amendementen bal gaangen. Voilà, domat hätte mer dann d'Diskussioun ofgeschloss.

An da komme mer zum Vott. An ech widderhuelen nach eng Kéier wéi ëmmer: Déi Leit, déi wëlle matstëmmen, hu vläicht besser, sech anzeloggen, well soss geet dat net.

Mir kommen also fir d'éischt zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8343, mee awer fir d'éischt iwwert d'Amendementen.

(Interruption)

Fir d'éischt iwwert d'Amendementen. An dat, wat ech ofgi krut oder um Büro läit, ass zwar een Ziedel, mee zwee Amendementen. An dofir musse mer separat iwwert deen éischten an duerno iwwert deen zweeten ofstëmme. Här Bausch, Dir frot nach d'Wuert.

M. François Bausch (déi gréng) | Jo, Här President. D'Madamm Tanson hat gefrot, fir laut dem Artikel 41 eng Question préalable ze stellen.

M. Claude Wiseler, Président | Dat ass alles ... Dat maache mer, Här Bausch. Do komme mer duerno drop. Mee fir d'éischt stëmme mer d'Amendementen. D'Madamm Tanson huet gefrot, fir iwwer hir Motioun als Question préalable virum Vott vum Projet de loi ofstëmme ze loossen. An deen ass no den Amendementen. Also fir d'éischt d'Amendementen.

M. François Bausch (déi gréng) | Dann entschëllegt mech.

M. Claude Wiseler, Président | Dat ass guer kee Problem. Da weess och jiddwereen, ëm wat et elo geet. Den Här Spautz huet nach d'Wuert gefrot.

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Et ass zwar net, fir zu den Amendementen ze schwätzen, Här Spautz.

M. Marc Spautz (CSV) | Nee, ech wollt just soen, dass mir déi Amendementen ofleenen.

(Hilarité)

Mee et éiert awer d'LSAP – dat ass scho gesot ginn –, dass se sech d'Aarbecht gemaach huet, et auszeschaffen.

M. Claude Wiseler, Président | Jo.

M. Marc Spautz (CSV) | Mee et geet net mat deem iwwereneen, wéi mir et gesinn. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Mee trotzdem nach eng Kéier: Bei den Amendementen ass a sech keng Riedezäit virgesinn. Dat soll am Prinzip gemaach ginn an der Discussion générale selwer.

Amendements

An dofir komme mer och elo zu der Ofstëmmung iwwert den Amendement 1.

Vote sur l'amendement 1

An ech maachen de Vott op. D'Procuratiounen. An dann ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat ass: Jo: 17, Nee: 43, Abstentioun: keng. An domat ass den Amendement Nummer 1 mat 43-Nee-Stëmme géint 17 Jo-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Boffending, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori.

Den Artikel 2 vum Projet de loi bleift also ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Da komme mer bei de Vott zum Amendement 2 vun der LSAP, deen als Objet huet, den Artikel 3 ofzeschaffen.

Vote sur l'amendement 2

Och do maachen ech de Vott op. D'Procuratiounen. An da schlësse mer de Vott of.

D'Resultat vum Vott: Jo: 17, Nee: 43, Abstentioun: keng. An domat ass den Amendement Nummer 2 mat 43-Nee-Stëmme géint 17 Jo-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Boffending, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Luc Emering), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori.

Den Artikel 3 vum Projet de loi bleift also ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Vote sur une proposition de priorité pour une motion conformément à l'article 41, point 4, du Règlement de la Chambre des Députés

An éier mer zum Vott iwwert de ganzen Text kommen, hu mer eng Motioun vun deene Grénge, d'Motioun Nummer 1, hei kritt, wou gefrot ginn ass op Basis vum Artikel 41 iwwert d'Question-préalables, de Punkt Nummer 4, fir eng Proposition de priorité pour une résolution ou une motion ze froen. Normalerweise hu mer dat ëmmer nëmme gefrot, wa mer bei Propositionen oder Motiounen waren, fir eng virzehuelen. Et gesäit awer näischt am Règlement vir, datt et net kann och virun engem Gesetzestext gemaach ginn. Mee well et eng Proposition ass, géif ech d'Chamber froen, ob se mat där Proposition d'accord ass.

A wien domat d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Ech maachen d'Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dat ass also unanimement ugehall, soudatt mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun 1 vun der Madamm Sam Tanson kommen.

Motions

Motion 1

An ech wollt do froen, ob et nach Wuertmeldungen dozou gëtt. Här Minister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Fir dass mer eis op de kloer Wuertlaut vun der Motioun vun der Madamm Tanson ..., d'Meenung vun dem Finanzminister oder vun der Regierung, dass déi kloer ass. Et gëtt éischters gefrot, dass een an enger „prochaine modification du barème“ den Akzent op „mesures socialement plus ciblées en allégeant la charge fiscale prioritairement pour les revenus bas et moyens“ setze soll. Bon, dat hänkt natierlech dervun of, wéi een dat bewäert.

Ech hunn Iech virdu gesot, wat, mengen ech, och richteg ass: dass, wann een eng Adaptatioun vum Barème mécht, dann natierlech besonnesch déi Kleng- a Mëttelrevenueen automatesch duerch d'Inflationserengung vum Barème méi entlaascht ginn. Ech mengen, dat ass dat, wat ech Iech dozou ka soen.

Ech kann Iech och weider soen, ouni dass ech mech dozou kann – well do mussen jo Berechnungen gemaach ginn – engagéieren: Mir haten an der Finanzkommission d'Fro: Wéi ass et mat dem Echelonement vun de Steierkreditte? Dat heescht: Wéi wäit gräifen déi? Ech hu mech engagéiert ... Dat war d'Motioun, déi mer d'lescht Woch vum Här Clement haten. Do hunn ech mech engagéiert, dass ech géif déi Berechnungen mat der Steierverwaltung – ech kann déi net maachen – zesumme kucken, an da géif ech der Finanzkommission ënnerbreeden, wat een do ka maachen a wat dann den Entsprechenden, ech soen, estiméierten Déchet fiscal dovunner ass.

Mee ech ka mech net méi prezis zu Saachen elo engagéieren. Well wann Dir zu mer sot: „Jo, eng Adaptatioun vum Barème ass fir eis keng Mesure socialement ciblée an Dir hutt Iech awer deemools engagéiert, fir Mesures socialement plus ciblées ze maachen“, jo, da si mer eis op der Form do net eens.

Ech hunn Iech och virdu an der Chambertribün gesot, Madamm Tanson, dass de Regierungsprogramm virgesäit, dass ee géif en attendant déi Individualiséierung vun der Steuerlandschaft fir d'Privatpersounen un der Schrauf dréien, fir dass een déi Leit, déi an der Steuerklasse 1a sinn – dat sinn also Leit, déi verwitwet sinn; dat si Leit, déi Elengerzéier sinn, oder Leit, déi 65 Joer sinn an eleng sinn –, transitoire, also kuerzfristeg, dann ab dem 1. Januar 2026 géif entlaaschten. Wéi wäit ee se entlaascht, dat muss ech

Iech an der Chamberskommission no Berechnungen matdeelen.

An deen drëtten Punkt ass deen: Jo, all Staat huet natierlech d'Obligatioun, fir ze kucken, fir méiglechst vill Steieren eranzekréien, fir Investissementer kënnen ze maachen. Ech soen Iech awer och – an dat gëtt jo och ëmmer gefrot –, dass et muss e gesonden Equilibre sinn zwëschen deene Leit, déi d'Investissementer finanzéieren. Dat sinn op där enger Säit d'Privatpersounen an op där anerer Säit sinn dat och d'Betribler. An dat muss ee kucken an enger Globalitéit. Et muss ee kucken, fir d'Kompetitivitéit vun de Betribler generell ze erhalen. Well et kann een natierlech bei de Betribler nëmmen dropschloen, mee wa se herno anzwousch aneschtens ginn, jo da stitt Der mam Fanger am Mond do, well da si keng Sue méi do. An dat selwecht zielt och nun eeben emol bei der Steuerlaascht, déi den eenzele Privatpersounen entsprécht, well wa mer do ze vill dropdrécken, da si besonnesch déi Leit, déi natierlech de Choix hunn, ob se zu Lëtzebuerg schaffen oder ob se zu Lëtzebuerg hir Steiere bezuelen oder soss an aneren europäesche Memberstaaten oder doriwwer eraus, och net do. Et ass also e gesonden Equilibre.

An der Zilsetzung hunn ech kee Problem mat där Motioun, mee ech loosse mech awer och net gären esou festleeën, dass ech keng Marge de manoeuvre méi hunn. A virun allem d'Regierung, déi handelt am Kader vun hirem Regierungsprogramm als Ensemble, als Unitéit. Dat huet se bis elo gemaach an ech hätt och gären, dass se an deem Ensemble, an där Unitéit kéint weiderfuere.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Roth. Ech hunn eng Rei Wuertmeldungen. Ech fänke mat der Auteure vun där Motioun un, der Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Merci, Här Finanzminister, fir d'Explikatiounen. Also, fir den éischten Tiet, dat ass och dee Punkt, wou ech u sech keng Äntwert op meng Fro krut, weider elo haut nach an der Kommission. Dat baséiert sech eigentlech op Äre Koalitionsaccord, well do beschreift Der, op der Säit 33 sot Der, dass Der eeben de Barème neutraliséiere wëllt. Dat ass jo elo hei eng Etapp. Dir hutt och ugekënnegt, Dir maacht déi nächst Tranchen och nach.

An da steet dee Saz hannendrun, dee mech scho méi wéi eng Kéier interpelléiert huet: „Parallèlement, le Gouvernement s'engagera pour réduire la charge fiscale des petits et moyens revenus.“ An dat ass jo meng Fro, dat heescht: Ass dat onofhängeg vun där grousser Reform, déi Der fir 2026 maacht? Dat heescht, Dir maacht nach eppes virun 2026, virun där grousser Reform, wat fir déi Kleng- a Mëttelrevenue soll gëllen?

Bis elo huet kee mer confirméiert, dass dat och effektiv wäert sinn. An ech schwätzen net vun der Steuerklasse 1a an ech schwätzen net vun der automatescher oder vun der Upassung vun der Steiertabell, dat heescht nach eng drëtt Variant. An dat ass dat, wat mer hei mengen. Maacht Der onofhängeg vun den Adaptatiounen ... Mir froen Iech am Fong, dass Der dat maacht, zu deem Der Iech engagéiert an Ärem Koalitionsaccord, dass Der méi cibléiert eppes maacht, esou wéi och den Amendement vun de Kollege vun der LSAP zum Beispill, fir déi, déi et am allermeeschte brauchen.

Natierlech bezuelen déi méi Steieren, déi méi verdéngen. Mee mir wëssen, dass grad – an ech mengen, Dir hutt dat am Walkampf vertrauten a vill anerer och – bei deenen, déi wirklech ënnen an där Tabell sinn, de Besoin am gréissten ass, fir nach zousätzlech eppes ze maache wéi just déi Upassung. Dat ass et am Fong, méi froe mer net.

An dat anert, deen zweeten Tiet, ass jo dat, wou Der Iech engagéiert hutt. Dir hutt dat elo hei haart gesot, dass der am Laf vum nächste Joer dat géift proposéieren, den 1a.

An den drëtten, do sidd Der souwisou och d'accord, wann ech Iech richteg verstinn. Dat heescht, dat ass am Fong net eng Anengung an e Carcan, dat ass eppes, wou Der mer elo eigentlech confirméiert hutt, dass Der et wëllt maachen. An den éischten Tiet steet am Koalitionsaccord. Duerfir sinn ech e bëssen erstaunt, dass Der elo an der Logik sidd: „Mir stëmmen dat do net mat. Mir sinn do dergéint!“

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung vun der Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Här President, de Finanzminister huet grad gesot, dass vun him e prezist Engagement verlaangt gëtt. Bon, grad dat fanne mer ganz gutt. D'Madamm Tanson huet grad erkläert, am Kader vun där Upassung vum Steuerbarème, dass een do méi cibléiert soll virgoen, an huet och direkt gesot, dass eisen Amendement do kann eng Äntwert drop sinn, fir eeben déi Revalorisation vum Steierkredit ze maachen. Genau duerfir stëmme mer deem heiten zou, bis eeben d'Konzept vun der eenzeger Steuerklasse 2026 um Dësch läit.

Et kann een duerch Initiativen huelen. Ech mengen, do kann ee kuerzfristeg och scho méi sozial equilibréiert Moossnamen huelen. Mir hunn do jo e Steuerpositionspabeier ausgeschafft, do kann ee sech gären drun inspiréieren, wat ee kuerzfristeg do ka maachen. An dann, jo, selbstverständlech brauch een déi néideg Recetten, fir och kënnen weiderhin ze investéieren.

Wéi gesot, dofir stëmme mer dat heite gäre mat.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Nächst Demande de parole ass vum Här Goldschmidt.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. Zu där Motioun kann ech soen, dass mir als Demokratesch Partei déi net kënnen matdroen. Ech sinn e bëssen iwwerrascht: Mir schwätzen hei vun enger Adaptatioun vum Steuerbarème. Dat ass dat, wat mer haut wäerte stëmmen. An an deem Kader gi mer da gefrot, fir bei der nächster Modifikatioun vum Barème cibléiert Allégementer ze maachen, wat a sech näischt domadder ze dinn huet. Eng Adaptatioun vum Steuerbarème, déi kënnt duerch d'Indextranchen, duerch den Indexsystem, dee mer jo allegueren hei verrieden. An den Indexsystem, dee bréngt eebe mat sech, dass effektiv méi héich Revenue méi bäikréie wéi déi méi niddreg. An dofir huet de Finanzminister jo och gesot, dass e kuckt, fir do Adaptatiounen ze maachen, dass mat negative Steieren aner Kreditte géife kommen.

Mee méi cibléiert bei enger nächster Modifikatioun vum Barème, déi vläicht net kënnt, géifen also keng Mesure méi kommen, wann de Barème elo an deenen nächsten zwee Joer aus iergendengem Grund net kéint adaptéiert ginn. Dofir geet den éischten Tiet schonn net.

Den zweeten Tiet, majo, do huet d'Regierung jo gesot, se géif dat maachen an deenen nächsten zwielef Méint. Do gesinn ech net an, firwat mer dat elo hei sollen nach eng Kéier stëmmen. Ech wëll Iech drun erënneren: 1a, dat si vill méi Leit. Dat sinn déi iwwer 65, dat sinn der, déi zesummeliwwen a Kanner hunn. Do muss ee genee oppassen, wann der zwee an engem Stot sinn, déi zwee Kanner hunn an eent an eent opdeelen, da si se an der 1a, dass een do net

besser ewechkënt wéi an enger 2. Dofir ass jo déi Individualiséierung wichteg.

An deem drëtten, d'Recette-fiscallen. Jo, mir hunn de Leit a sech déi lescht Jore vill Recetten ewechgeholl, déi hinnen zoustoungen. Dofir sinn ech der Meenung, dass dat elo hei net erapast, „garantir les recettes fiscales“. Déi kënne mer nëmme garantéieren, falls mer e gutt ekonomesch Ëmfeld hunn a wa vill Leit op Lëtzebuerg kommen. Déi, déi Interessi hunn, sollen e bësse googele goen, wat a Frankräich Leit mat héije Revenuen u Steiere bezuelen. Komescherweis ass dat bei ganz héije Revenuen deelweis manner wéi hei, well mir sinn hei, wann ee bei iwwer 200.000 oder iwwer 150.000 ass, mengen ech, bei 47 %, ouni d'Sécurité sociale mat bäizerechnen. Also, se sollen ophalen, hei elo ze soen, dat muss nach eropgoen, quitte dass dat elo net an där heiter Motioun derbäistee. Mee awer dee leschte Punkt, „garantir les recettes fiscales“, huet fir mech elo näischt mat der Adaptatioun vum Steuerbarème ze dinn.

Dofir wäert d'DP-Fraktioun des Motioun net matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Ech hunn nach dräi Wuertmeldungen. Dat ass den Här Clement, den Här Spautz an duerno den Här Keup. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Eis ass déi Motioun ganz sympathesch. Ech muss awer och soen: Den éischten Tiert, wéi en elo interpretéiert gouf vusäit vum der Majoritéit, interpretéieren ech, wann ee bei iwwer 200.000 oder iwwer 150.000 ass, mengen ech, bei 47 %, ouni d'Sécurité sociale. Um Mindestloun gëtt eng Indexbranche mat 25 % besteiert.

Wann ech dat nämmelecht maachen um Plafond cotisable – dat ass fënnemol de Mindestloun; ech hunn einfach iergendee Montant missen huele fir e Besserverdänger –, da bezilt ee 45 % op seng Indexbranche. Dat heescht, et ass eng Progressivitéit dran. Mee eis Meenung ass, dass déi Progressivitéit am Ufank vill ze héich ass. 25 % scho mussen ze bezuelen, wann ech eng Indexbranche bäikréie beim Mindestloun! An eisen Ae misst dee steierfräi sinn! An dofir mengen ech, dass een dat genau iwwert de Barème reegele kann, andeem een de Barème modifizéiert – net adaptéiert, mee wierklech modifizéiert. Dofir huet deem éischte Punkt, esou wéi en hei geschriwwen ass, eise vollste Support.

An déi zwee aner Punkten, dat si jo souwisou Fuerderungen, déi genannt goufen. Déi kënne mer tel quel ënnerstëtzen. Mee ech mengen, dass Beispill, dass eng Indexbranche um Mindestloun mat 25 % besteiert gëtt, dass misst eis awer allegueren d'Aen opmaachen, dass mer do definitiv de Barème eng Kéier mussen upassen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Den Här Spautz.

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll nach eng Kéier drop agoen. Hei gëtt ëmmer elo gläichzäiteg Index- a Steuerpolitik matenee vermëscht. An der Indexpolitik ass gesot ginn: „Mir maache gären, dass d'Inflatioun ugepasst gëtt un d'Steiertabell.“ Elo gi véier Indexbranchen ugepasst. Duerno sollen der och nach eng Kéier véier ugepasst ginn, wann de Moyen besteet. A wann et ze laang dauert, eventuell souguer fënnf, wann d'nächst Joer dann, wéi de Statoc et gerechent huet, nach eng

Indexbranche géif bäikommen. Ech hunn dës Deeg eng Botterfra gesinn, déi erkläert huet, wéi den Index hei zu Lëtzebuerg fonctionéiert.

(Hilarité)

An dee fonctionéiert schéi propper, queesch duerch de Gaart.

(Interruptions)

Mee dat war e bëssen eng Mëllechmeedcherechnung, déi do gemaach ginn ass, well eng Adaptatioun ass keng Modifikatioun. A mir maachen hei eng Adaptatioun vum de Steiertabellen, vum deem, woufir mer eis engagéiert hunn. Mir hu gesot: Déi éischte Kéier déi zwou an eng hallef, déi schonn an der Tripartitt ofgemaach gi sinn. Dunn huet et geheescht, et gëtt der elo op den 1. Januar véier. An duerno huet de Minister nach eng Kéier drun erënnert, dass der nach eng Kéier véier respektiv fënnf bäikommen.

Mir hunn hei net geschwat vum enger Modifikatioun. An dem Invite steet dran: „eng Modifikatioun vum Barème“. A fir eng Modifikatioun kënnen ze maachen – dat huet de Minister ënnerstrach an der Finanzkommission, och elo nach eng Kéier heibannen –, musse kënnen Berechnunge gemaach ginn, déi an den Detail ginn. An et kann een net aus der Héft eraus elo einfach soen: „Mir maache Modifikatiounen.“

Déi Adaptatiounen, déi kommen, an dofir ass et fir eis net méiglech, des Motioun esou, wéi se hei formuléiert ass vum deene Gréngen, unzehuelen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Elo huet den Här Keup d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Jo, et geet e bëssen an déi selwecht Richtung. Wéi ech dat hei gelies hunn, hunn ech mer geduecht: „Hei ginn awer zwou Saache matenee vermëscht.“ Engersäits schwätze mer hei dervun, fir eeben eng verstoppte Steuererhéijung, déi leider do ass wärend e puer Joer, erëm riichtzebéien a fir de Leit am Fong dat ze ginn, wat hinnen zousteet.

A wann ech dat heiten esou liesen, da kënnt dat mer esou vir – den éischten Alinea bei den Invitten –, wéi wann et do am Fong drëms geet, fir dat déi nächste Kéier aneschtens ze maachen a fir also souzosen deenen engen dat net méi ze ginn, wat hinnen am Fong awer zousteet, wat am Fong op näischt aneschtens erauskënt wéi eng Steuererhéijung fir verschidde Leit.

Mee ech mengen, wann een dat wëllt maachen, wann déi gréng dat wëlle maachen an och anerer, da solle se heihinnerkommen an eng Steuererhéijung fir en Deel vun der Populatioun konkret hei virschloen. Dann ass dat méi éierlech.

(Interruption par M. François Bausch)

Well et kënnt op dat eraus.

M. Claude Wiseler, Président | Här Bausch, wann ech gelift.

M. Fred Keup (ADR) | Dat anert, dat ass, dass mer hei och e bëssen eng Aart vum Deckelung hunn, déi jo dohinner geet, dass een dat Ganz jo wëllt deckelen an allkéiers ab engem gewëssene Loun de Leit dat net méi wëllt zougestoen. Do komme mer an eng Logik era wéi bei der Deckelung vum Index, wat ëmmer zur Diskussioun steet, wat awer eng ganz geféierlech Saach ass a wat näischt anescht ass wéi eng Manipulatioun vum Index.

A wann een hei ufänt, esou Saache gär ze deckelen, dann ass de Wee net méi wäit bei d'Deckelung vum Index. An do géif ech soen, grad déi Parteie vu lénks, déi sollen do ganz virsiichteg sinn. Mir maachen op

jidde Fall esou eppes net mat a mir stëmmen dofir och déi Motioun hei net mat.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Dann huet den Här Wagner d'Wuert.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech verstinn elo d'Argumentatioun vum der CSV manner, nodeems den Här Spautz d'Wuert ergraff huet.

(Hilarité)

Une voix | Dir net aleng.

M. David Wagner (déi Lénk) | Well u sech, esou komplizéiert ass et jo net. Mir hunn zurzäit eng Steuerstruktur, e Steuerbarème, dee justement net en faveur ass vum den ënneschte Schichten. Et geet jo relativ séier bis zu 39 %. Do si mer eréischt bei Leit, déi bei 45.000 Euro d'Joer leien. An dono waart ee laang. 40 %, do muss ee schonn 100.000 Euro d'Joer verdéngen et cetera. An et hält relativ fréi op. Et geet elo net drëms, bis an de leschten Detail ze goen.

Et muss een elo keng grouss Etüd maachen, wéi dat elo vum der CSV gefuerdert gëtt, fir ze wëssen, dass ee muss de Steuerbarème esou änneren, dass déi, déi duerno um Enn kommen, also an den ieweschte Schichten, méi besteiert ginn an dass déi allegéiert ginn, déi relativ wéineg verdéngen oder am Mëttelstand sinn.

Iwwert d'Detailer kann een natierlech diskutéieren, iwwert de Komma kann een natierlech och diskutéieren, mee ech verstinn elo net, wat do esou komplizéiert soll sinn, fir dee Prinzip iwwerhaupt kënnen unzehuelen a fir déi Motioun dann deementspreechend net wëllen unzehuelen. Also, mir wäerte se op jidde Fall matstëmmen. An dat ass net aus der Héft geschoss, dass ass eng laang Diskussioun.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Ech mengen, domat sinn elo d'Positiounen alleguer kloer.

An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun 1 vum der Madamm Tanson.

Vote sur la motion 1

Ech maachen de Vott op. De Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 20 Jo-Stëmmen, 40 Nee-Stëmmen a keng Abstentioun. Domat ass des Motioun ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Boffending, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick

Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

An da kënne mer zum nächste Punkt kommen, an dat ass d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8343. Den Text steet am Document parlementaire 8343⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8343 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen kann elo ufänken. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 45 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmmen a 15 Abstentionen. Domat ass dee Projet de loi mat 45 Jo-Stëmmen a 15 Enthaltungen ugehoill.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Als zweete Punkt um Ordre du jour kënnt de Projet de loi 8338 iwwert ...

(Interruption par M. Sven Clement)

Motions (suite)

Motion 2

Mir hunn nach eng Motioun. Mir hate schonn eng Motioun, dofir hat ech d'Motiounen ofgeschloss. Mee selbstverständlech huet den Här Clement Recht an d'Piraten hunn och d'Recht, fir datt hir Motioun ofgestëmmt gëtt. Dofir wollt ech den Här Clement froen, ob en nach eppes dozou wëllt soen.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Wirklech ganz kuerz. Ech mengen, ech hunn et virduun an der Ried ugeschwat: Dat heiten ass eng Motioun, déi u sech d'Regierung just invitéiert, fir an absebarer Zäit ze legiferéieren, fir déi Upassung net all zwee Joer ze proposéieren, mee all Joer. Ech hunn och a menger Ried virgerechent, wat dat fir en Impact kann hunn. Dat kann zéng Méint haut schonn hu mat deem, wat mir proposéieren. An deem System, deem d'Regierung huet, kann dat och gäre mol véier Indextranchen ausmaachen. Deementspriedend ass

dat einfach eng Motioun mat engem fromme Wonsch un d'Regierung, datt een dat méi séier ausgläicht an Zukunft, soubal déi véier Indextranchen, déi elo nach ausstinn, dann och ausgeglach sinn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Wie freet d'Wuert zu dëser Motioun? Ech fänken u mat dem Här Finanzminister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, Här President. Ech wëll kloer soen, dass d'Regierung zu deem steet, wat am Regierungsprogramm steet, an dass d'Engagement och do festgehalen ass, dass iwwert déi nächst Joren déi Indexupassungen kommen.

Hei gëtt gefrot, dass praktesch, wann eng Indextranche kënnt – loosse mer soen am Oktober d'nächst Joer –, automatesch d'Steiertabell dann dat Joer drop schonns ugepasst gëtt. Dat ass an der Vergaangenheet och net de Fall gewiescht. Wat awer net ausschléisst, dass ee sech Gedanken ka maachen, fir erëm eng Kéier op dee System ze kommen, deen, wéi richtegerweis drop higewise ginn ass, 2012 ofgeschafft gouf. Dat war nämlech de berühmten Artikel 125 aus der Akommessteuer, nämlech dass, wann eng gewäsen Inflation ugestaut ass, d'Regierung dann obligéiert ass, fir e Gesetzesprojet ze deposéieren, fir där Rechnung ze droen. Dat ass an der Vergaangenheet net ëmmer genau esou gemaach ginn, mee et ass an der Vergaangenheet ëmmer esou gewiescht, dass dat awer no enger Rei vu Joren, an der Reegel ëmmer mindestens eng Kéier an enger Legislaturperiod, ënner verschiddene Regierungskonstellationen, gemaach gouf. Dat war mat der CSV/LSAP sou, dat war och virdu mat der CSV/DP sou.

Meng perséinlech Meenung ass déi, dass dat e System ass, op deen ee lues, mee sécher erëm eng Kéier sollt histeieren, ouni dass ech awer hei dat Engagement wëll konkret huelen, dass, wann eng Indextranche erfällt, een dann direkt dat Joer drop automatesch déi voll Adaptation an dem Barème soll erëmfannen. Dat ass d'Positioun vun der Regierung. Mee selbstverständlech, mir fügen eis enger Majoritéit, déi déi Motioun entweeder unhëlt oder ofleent.

(Interruption et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Dat ass och gutt esou. An elo kucke mer, ob se dann ugehoill gëtt oder net ugehoill gëtt. Ech hunn dräi Wuertmeldungen zu deem Sujet ganz genau. Dat sinn d'Madamm Bofferding, d'Madamm Tanson an den Här Spautz. Ech fänke mat der Madamm Bofferding un.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Bon, grondsätzlech si mer jo ëmmer frou, wann den Index spillt. Hei ass awer elo de Punkt, dass mir fir e ganz anere Barème stinn. Ech mengen, do hate mer scho ganz kloer Propositionen ausgeschafft, déi méi sozial gerecht, méi sozial equilibréiert sinn. Dat ass fir eis de bessere Wee wéi eeben elo eng automatesch Indexéierung a fir och déi Ongerechtigkeeten, déi mam aktuelle Barème bestinn, weiderzeféieren. An duerfir wärte mer dëser Motioun net zoustëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci. Also, wéi schonn a menger Interventioun virdu gesot, mir halen et mam Finanzminister vun 2012, dee fënnt, dass de Staat, d'Regierung, sech soll den néidege budgetäre Spillraum loosse an dass een dat eeben net iwer e Gesetz soll imposéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann huet den Här Spautz d'Wuert an duerno den Här Goldschmidt.

M. Marc Spautz (CSV) | Jo, also mir leenen déi Motioun och of. Ech mengen, den Här Finanzminister huet kloer duergeluecht, firwat a wisou. An dofir wäert d'CSV dëser Motioun och keng Zoustëmmung ginn. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Här Goldschmidt, et ass un Iech.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. D'Demokratesch Partei leent déi Motioun och of. An d'Argumenter sinn elo all vum Här Minister scho virbruecht ginn. Ech soen Iech Merci.

(Interruption par Mme Sam Tanson)

M. Claude Wiseler, Président | Wannechgelift, Madamm Tanson. D'Saache si kloer. D'Wuert ass elo fir den Här Keup. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Jo, wann ech mech net ieren, sinn et schonn esou Motiounen ginn an de leschte Joren, déi dann och vun enger ganzer Partie Oppositionsparteie matgestëmmt gi sinn. An deemools war dat alles kee Problem. Also, ech géif soen, dass dat hei awer eng positiv Saach ass. A mir wärten dat hei op jidde Fall, esou wéi d'leschte Kéier, dann och dës Kéier matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, domat ass dann d'Diskussion iwwert dës Motioun ofgeschloss an ech géif déi Motioun zum Vott stellen.

Vote sur la motion 2

De Vote par procuration. An ech schléissen elo de Vott of. De Vott ass ofgeschloss.

Jo-Stëmmen: 10, Nee-Stëmmen: 48, Abstentionen: 2. An domat ass dann dës Motioun vun de Piraten ofgeleent mat 48-Nee-Stëmmen géint 10 Jo-Stëmmen an 2 Abstentionen.

Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 8 voix pour, 50 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen (par M. Sven Clement) et Ben Polidori.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Luc Emering) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

4. 8338 – Projet de loi relative au budget provisoire pour la période du 1^{er} janvier au 30 avril 2024

Da komme mer zum zweete Punkt vum Ordre du jour, an zwar dem Projet 8338 iwwert de provisoresche